

	<b>5<sup>e</sup> séance</b>	<b>Présidence</b>
	Jeudi 25 octobre 2001	<b>M. Jean Spautz, Président</b>

**Ordre du jour**

1. Communications
2. Projet de loi 4797 relative à la construction d'une liaison routière avec la Sarre (*Rapport de la Commission des Travaux publics - Discussion générale*)
3. Dépôt d'un projet de loi
4. Projet de loi 4797 (*Discussion générale - Suite - Lecture du texte du projet de loi - Vote et dispense du second vote constitutionnel - Motion et Résolution*)
5. Projet de loi 4817 relatif à la construction d'ateliers centraux pour l'administration des Ponts et Chaussées et d'un bâtiment administratif pour l'Unité Centrale de la Police de la Route (UCPR) à Bertrange (*Rapport de la Commission des Travaux publics - Discussion générale - Lecture du texte du projet de loi - Vote et dispense du second vote constitutionnel*)
6. Demandes en naturalisation

Au banc du Gouvernement se trouvent: Mme Erna Hennicot-Schoepges et M. Henri Grethen, Ministres.

**(Début de la séance publique à 14.31 heures)**

**M. le Président.-** D'Sitzung ass op.

Huet d'Regierung der Chamber iergendwellech Kommunikatiounen ze maachen?

**(Négation)**

Dat ass net de Fall.

**1. Communications**

Ech hu folgend Kommunikatiounen ze maachen:

1. Gëschter ass déposiert gi vun der Erzéiungs-ministesch de

- *Projet de loi 4860 portant modification de la loi modifiée du 22 juin 1999*

*ayant pour objet*

*1. le soutien et le développement de la formation professionnelle continue;*

*2. la modification de la loi modifiée du 28 décembre 1988 réglementant l'accès aux professions d'artisan, de commerçant, d'industriel ainsi qu'à certaines professions libérales.*

2. Den 23. Oktober 2001 huet d'Biergerinitiativ Koplescht-Briddel d'Petitioun 232 "Nach méi Verkéier, nee merci!" agereecht.

Mir kommen dann zur Diskussioun vum Projet de loi 4797. D'Wuert huet de Rapporteur, den honorablen Här Nicolas Strotz.

**2. Projet de loi 4797 relative à la construction d'une liaison routière avec la Sarre**

***Rapport de la Commission des Travaux publics***

**M. Nicolas Strotz (CSV), rapporteur.-** Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir erliewen haut een aussergewöhnleche rare Phenomeen an der Geschicht vun eiser legislativer Aarbecht an zwar deen, dass opgrond vun enger Mise en demeure vun der europäescher Kommissioun ee mat grousser Majoritéit gestëmmt Projekt nach eng Kéier, awer an anerer Form, virun de Plenum kënnt.

Wéi ass et dozou komm? Et ass, well opgrond vun enger Reklamatioun virum Verwaltungsgericht am Kader vun enger Terrainexpropriatioun d'europäesch Kommissioun gefrot ginn ass, ob d'Directive 85/337/CEE concernant l'évaluation des incidences de certains projets publics et privés sur l'environnement respektéiert gi wär.

D'Kommissioun seet, dass den Artikel 6 vum 1995 modifiéierte Fonds des routes-Gesetz net als Loi spécifique betruecht kéint ginn. D'Kommissioun seet awer och, dass wuel déi néideg Impaktstudien iwwert de Schutz vun der Ëmwelt gemaach gi wäeren, mä dass déi Impaktstudien, souwuel iwwert den Tracé wéi iwwert den Environnement humain naturel net öffentlech opgeluegt wäer ginn, an esou d'Leit net d'Méiglechkeet gehat hätten, fir sech ze expriméieren an eventuell Asproch ze erhiewen, wat contraire zur

Direktiv ass. D'Kommissioun betruecht déi öffentlech Versammlung, an där de Projet am Detail virgestallt an diskutéiert ginn ass, net als gläichwäerteg mat där an der Direktiv virgesinner Prozedur a schléit deemno vir, de Projet an enger neier Form, esou wéi an der Direktiv virgesinn, ze revidéieren.

Deem huet d'Mme Minister Erna Hennicot-Schoepges sech ugeschloss. Si huet eis als zoustänneg Kommissioun vun der Chamber och direkt dovun informéiert, andeem se eis gesot huet, dass si en neie Gesetzprojet iwwert d'Saarstrooss, an zwar als Acte législatif spécifique, wéilt op den Instanzewee ginn.

D'Prozeduren, déi an der ëmgeännerter Direktiv 97/11/CEE virgesi sinn, sinn nei ulafe gelooss ginn. Déi detailléiert Impaktstudie sinn an den direkt betreffenen an ugrenzende Gemengen opgeluegt ginn. Och ass de Projet an den ugrenzenden auslännesche Gemengen zur Begutachtung opleie komm. Esou an der Gemeng Perl an an der Sous-préfecture zu Diddenuewen.

Fir keng Verwiesselunge vun Direktiven opkommen ze loossen, wéllt ech eng Klammer opmaachen an direkt e Wuert zur Ëmsetzung vun der Direktiv soen.

D'Direktiv 85/337/CEE vum 27. Juni 1985 hu mer 1995 an d'Gesetz vum Fonds des routes ageschriwwen a se ass beim Projet vun der Nordstrooss zur Applikatioun komm. Dës Direktiv ass den 3. Mäerz 1997 duerch d'Direktiv 97/11/CEE liicht ëmgeännert ginn a wäert an Zukunft bei alle gréissere Stroosseprojeten, dozou gehéieren och déi regional Contournementen, zur Applikatioun kommen, och wa se nach net gesetzlech ëmgesat ass.

Ech hätt mer gewénst, dass mer parallel zur heiteger Debatt hätte kënnen déi Direktiv diskutéieren, well den deementsprieche Projet de loi ass schonn de 16. Februar 2001 an der Chamber vun der Mme Minister déposéiert ginn. Et ass de Projet de loi 4773, dee mer de 26. September an enger Kommissiounssitzung diskutéiert hunn, deem awer wéinst prozedurale Problemer, déi de Statsrot a sengem Avis opgeworf huet, erëm zrëck bei d'Regierung huet missen. Ech wollt dat hei gesot hunn, fir dass net doriwwer onnéideg Diskussiounen opkommen. Ech maachen déi Klammer erëm zou.

**M. Jos Scheuer (LSAP).** - Sot och wat de Statsrot gesot huet.

**M. Jeannot Krecké (LSAP).** - Diskussiounen kommen awer.

**M. Nicolas Strotz (CSV), rapporteur.** - Ech loosse mech de Moment net aus der Rou bréngen.

**(Hilarité)**

Déi Diskussioun do kéinte mir vu mir aus elo roueg féieren. All déi, déi an der Kommissiounssitzung derbäi

waren, wëssen ëm wat et geet. Anerer, déi hei de Mond opdinn, déi wëssen et wahrscheinlech net, well se waren net derbäi an hunn d'Direktiv wahrscheinlech och nach net gelies.

D'Impaktstudie, déi am August 2000 an de Gemengen oplong, beinhalt sämtlech a Fro kommend Ëmweltberäicher a baséiert op de Virschreften aus den Ëmweltgesetzter an aus den Oploen, déi vun den zoustänneg Verwaltungen a Ministère gemaach gi sinn, ob dat elo d'Gesetz vun 1905 iwwert den Défrichement vun de Propriétés boisées oder d'Naturschutzgesetz vun 1982 ass, d'Gesetz vun 1999 iwwert d'Etablissements classés, d'Gesetz vun 1993 iwwert d'Protection de la gestion de l'eau, d'Gesetz vun 1994 iwwert d'Prévention an d'Gestion des déchets. Déi festgeluegte Konditiounen bezéie sech souwuel op d'Bauphas wéi op déi definitiv Ausféierungen. Och all Mesures compensatoires sinn an der Etüd arrétéiert.

Déi no der Enquête publique vun de Gemengen erstallte Procès-verbalé sinn analyséiert ginn, wourop den Dossier iwwert d'Conditions et mesures d'exécution complétéiert ginn ass. Derbäi muss gesot sinn, dass eenzel Mesuren zousätzlech, ouni dass et virgesi respektiv agefuert ginn ass, verbessert gi sinn. Ech zitieren der nëmmen e puer:

D'Digue anti-bruit vun Helleng-Süd gëtt vun 3 op 5 Meter erhéicht.

D'Tranchée couverte zu Fréiseng gëtt ëm 30 Meter verlängert.

Eng supplementar Schallschutzwand vun 250 Meter laang gëtt laanscht de Parking vum Hôtel op der Grenz zu Fréiseng ugeluegt.

E Park & Ride gëtt op der Grenz zu Fréiseng aménagéiert, fir vun do aus d'Leit iwwert eng Buslinn an d'Stad ze féieren.

D'Schutzwäll laanscht Elweng a Biermereng gi vun 3 Meter op 5 Meter Héicht.

All definitiv arrétéiert Mesure fannt Der an der Annexe 4 erëm, déi un den neie Projet annexéiert ass.

Den neie Projet ass dann den 8. Mee 2001 an der Chamber déposéiert ginn. De 14. Mee sinn ech vun der zoustänneg Kommissioun vun den Travaux publics als Rapporteur bestëmmt ginn. A véier Sitzungen hu mer iwwert de Projet diskutéiert an den Avis vum Conseil d'Etat analyséiert. An der leschter Sitzung vum 18. Oktober, wat eng Jointe mat der Ëmweltkommissioun war, ass de Rapport mehrheetlech ugeholl ginn.

Ier ech op de Projet vun haut ze schwätze kommen, erlaabt mer zrëckzekucken op de Projet de loi 3929. Dat

war deen, dee mer den 23. Juli 1995 hei an der Chamber diskutéiert a mat grousser Majoritéit gestëmmt hunn. Bei deem Projet ass et deemools ëm dräi Saache gaangen:

1. Fir den Artikel 6 vum Fonds des routes-Gesetz esou ëmzeänneren, dass de Prinzip vum Bau vun enger Schnellverbindung mat dem Saarland, respektiv vun der Ubannung vun der Collectrice du Sud un den däitschen a belsche Réseau routier erëm nei arrétéiert gëtt.

2. Fir de Bau vu Contournement mat interregionalem Charakter mat an den Artikel 6 vum Fonds des routes-Gesetz eranzehuelen.

3. Fir dee bestehenden Artikel 14bis am Fonds des routes-Gesetz ëmzeänneren, dass hien der europäescher Direktiv 85/337/CEE vum 27. Juni 1985 gerecht gëtt, dat heescht, dass am Virfeld vum Bau vun enger Strooss, déi dem Fonds des routes-Gesetz ënnerläit, eng Etude d'évaluation des incidences sur l'environnement naturel et humain muss gemaach ginn.

Déi Etüd gëtt ënnert der Fiederführung vum Ministère vum Aménagement du Territoire gemaach a muss eng Tracévariant beinhalten. Eréischt no der Consultation publique gëtt den definitiven Tracé festgeluegt an déi definitiv Etude d'impact mat de Mesures compensatoires, déi och als Utilité publique erkläert ginn, iwwer Règlement grand-ducal arrétéiert.

Iwwert d'Opportunitéit vun dem Bau vun der Saarstrooss war 1995, mat Ausnahm vun deene Gréngen, jiddferen d'accord. Obschonn den Tracé net direkt am Projet de loi festgeschriwwen war, hunn d'Diskussiounen hei am Plenum sech awer haaptsächlech iwwert de Choix vum definitiven Tracé gedréint.

Nord- oder Südvariant, dat war déi grouss Diskussioun, déi och am Virfeld vun deem Débat an der Chamber d'Gemiddler beweegt huet. Opgrond vun Impaktstudien, bei deene besonnesch den ëmweltschützereschen Aspekt bevirzegt ginn ass, ass d'Südvariant vun der Regierung proposéiert ginn.

Och d'Chamber huet sech an enger Motioun fir d'Südvariant ausgeschwat. Si huet d'Regierung invitéiert: "à réaliser la variante sud de la liaison routière vers la Sarre en respectant au maximum la qualité de vie dans les localités ainsi que dans l'environnement naturel".

Rappeléiere wollt ech och, dass, an därselwechter Motioun, d'Chamber d'Regierung opgefuerdert huet, fir "dans les meilleurs délais" de Contournement vu Bous a vu Sandweiler ze realiséieren. Méi wéi 6 Joer si vergaangen, ouni dass eppes direkt um Terrain geschitt ass an ech wollt d'Mme Minister niewebäi froen, wéini dann elo definitiv déi Projeten an Ugrëff geholl ginn?

No dem Vote vum Projet de loi sinn déi definitiv Pläng fir de Bau vun der Südvariant erstallt ginn. Hei ass schon den Doléancé vun de Gemenge Rechnung gedroe ginn. Déi nach ausstoend Autorisatiounen am Beräich Kommodo- an Naturschutzgesetz sinn ageholl ginn an et ass mam Bau vun der Saarstrooss ugefaange ginn.

Et kann also kee soen, dass hei iergendeng Iwwerrumpelungstaktik ugewannt gi wär, besonnesch wann ee weess, dass am Virfeld vum Vote an der Chamber de Projet am Detail an Opklärungsversammlungen, déi vum Minister a vun der Verwaltung an deenen eenzelne concernéierte Gemengen organiséiert gi waren - och wa se heiansdo bal de Charakter vu Walversammlungen haten -, virgestallt an diskutéiert ginn ass.

**M. Jos Scheuer (LSAP).**- Awer net vum Minister! Aner Leit hunn dat gemaach.

**M. Nicolas Strotz (CSV), rapporteur.**- Wat d'Acquisitioun vun den néidegen Terrainen ugeet, muss gesot ginn, dass am Beräich Rëmerschen, Biermereng a Mondorf déi Problematik am Kader vu Remembrement geschitt ass an am Beräich Fréiseng, Uespelt, Helleng den Terrainsproblem an Diskussioun tëschent dem Comité d'acquisition an de Propriétaires, wat gréisstendeels Bauere sinn, groussflächeg a meescht iwwer fräiwëlleg Echangé geléist ginn ass.

Deen eenzegen, deen de Comité d'acquisition net u sech erukomm gelooss huet, aus wéi enge Grënn och ëmmer, ass e Propriétaire vun Helleng, géint deen dann och säitens dem Stat en Enteignungsverfahren ugekéiert ginn ass, mam Resultat wat mer kennen a wat derzou geféiert huet, dass de Stat säi Recours zrëckgezunn huet.

Wéi den Avis vun der Kommissioun bis bekannt war, huet d'Mme Minister sämtlech Aarbechte stoppe gelooss, fir de Verdacht net opkommen ze loossen, fir Faits accomplis ze schafen, dat heescht, dass op an an der Noperschaft vun där concernéierter Parzell nach net geschafft ginn ass. Och dat nach bleiwend Verbindungsstéck vun 3 km Längt bis un déi bestehend Collectrice du Sud ass aus deenen Iwwerleeungen eraus nach net ausgeschriwwen ginn.

Bedéngt duerch dës prozedural Problemer ass unzehuelen, dass den Datum vun der Ouverture vun der Saaraubunn substantiell verzögert gëtt. Et stellt sech dofir d'Fro, ob net soll kuerzfristeg eng Verbindung via Route nationale gebaut ginn. Dat hätt zum Resultat, dass sämtliche Verkéier muss, méi kuerz oder méi laang, duerch Helleng fuere mat alle Konsequenzen, wat dat bedeit, besonnesch wann den Transitverkéier dann an zwou Richtunge geet.

Och wann 1995 d'Variantendiskussioun den Haapt-diskussiounspunkt am Plenum war, esou ass dach d'Ëmsetzung vun der Direktiv e Punkt iwwert deen

d'Meenungen auserneegaange sinn. An der deemo-leger Kommissioun vun den Travaux publics ass och doriwwer diskutéiert ginn an ech zitéieren als Beispill en Extrait aus dem Rapporteur vun deemools, dem honorabelen Här Jos Scheuer, sengem Rapport, wou dra steet: "La Commission des Travaux publics s'est posée la question de savoir si l'article 14bis, tel qu'il sera modifié par le présent projet, devait déjà s'appliquer à la construction de la liaison routière vers la Sarre, question à laquelle il a été répondu par la négative. Ayant pris en compte tous les documents, les préalables à la loi ainsi que les discussions sur le tracé, la Commission des Travaux publics estime cependant que l'esprit de l'article 14bis a été respecté en ce qui concerne la construction de cette liaison routière et qu'il n'y a pas lieu d'appliquer la procédure prévue à l'article 14bis."

Deen zoustänneg Minister war deemools der Meenung, dass d'Direktiv net bräicht applizéiert ze ginn, vu dass de Projet de loi en Acte antérieur ass par rapport zum Ëmsetze vun der Direktiv. Des Weidere war den Här Goebbels der Meenung, de Projet de loi géif en Acte législatif spécifique duerstellen, wat aus sengen Ausféierungen op der Chambertribün ervirgeet an ech zitéieren: "Et gëtt vu verschiddene Leit gesot, doduerch dass Dir elo eréischt d'Direktiv an d'Lëtzebuerger Gesetz afügt, sidd Dir amgaang se ze mëssuechten. Ech soen lech neen. D'europäesch Direktiv gesäit nämlech vir, dass ee sech kann déi ganz Prozedur, déi an der Direktiv virgesinn ass, spueren, doduerch dass een en Acte législatif spécifique mécht. Dat, wat mir hei amgaang sinn ze maachen, ass en Acte législatif détaillé. Wann ee wëllt dat Gesetz, wat hei gestëmmt gëtt, virum europäesche Geriichtshaff ufechten, da ginn ech mat Sécherheet dohinner plädéieren, dass mer en Acte législatif spécifique gemaach hunn, esou wéi d'Direktiv dat als Alternativ virschreift." Enn vum Zitat.

Et ass schued, dass den Här Goebbels net méi hei ass.

Weider huet e gesot: "Zousätzlech kann ech och beleen, dass mir all déi Obligatiounen, déi d'Direktiv operleet, och gemaach hunn. Mir hunn d'Etude d'impact gemaach. Mir hunn d'Etude comparative détaillée gemaach tëschent der Nord- an der Südvariant. 110 Säite schwéier. An deen, dee se wëllt lesen, kritt se gare geléint."

Als Rapporteur wëll ech elo dem Här Goebbels hei näischt ukräiden, dat steet mir als Rapporteur net zou an dofir war dem Här Goebbels säin Engagement am Interesse vun der Saarstrooss och vill ze vill grouss.

Ech muss awer soen, dass, par rapport zum Avis vun der Europäescher Kommissioun, hie sech geiert hat a mir, déi de Projet gestëmmt haten, mat. Och wann de Geescht vun där Direktiv bei deem Projet de loi voll a ganz ëmgemat war, e Fait, dee vun der Kommissioun unerkannt gëtt, verhënnert dat awer net, dass am Virfeld vum Vote vum Projet eng öffentlech Unhéierung

- wéi ech schonn ufanks gesot hunn - hätt misste stattfannen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Projet de loi 4797, deen elo de Mëtteg hei zur Diskussioun steet, ass also e Projet, deen der Direktiv 97/11/CE vum 3. März 1997 "concernant l'évaluation des incidences de certains projets publics et privés sur l'environnement" gerecht gëtt. En ass esou konzipéiert, datt hien en Acte législatif national spécifique duerstellt.

Den Artikel 1 vum Projet autoriséiert d'Regierung eng Autobunn vun der Collectrice du Sud un a Richtung Saarland ze bauen, entsprechend den Annexen 2 an 3, déi Partie intégrante vum Projet sinn.

D'Annexe 2 beinhalt d'Situatiouns- an d'Kadasterpläng, während d'Annexe 3 d'Emprispläng regroupéiert.

D'Commission des Travaux publics war der Meenung, dass esou den Objet kloer definéiert ass an et net noutwendeg wier, d'Formulatioun vum Statsrot ze iwwerhuelen, déi éischer méi Onkloerheet mat erabruecht hätt. De Statsrot hält a sengem Artikel d'Consultation préalable vun der Bevëlkerung mat an den Artikel 1 eran. Dës Consultation publique, déi vun der Direktiv verlaangt gëtt, ass awer scho beim Dépôt vum Projet réaliséiert an huet erlaabt, den definitiven Tracé festzeleeën. Dësen definitiven Entschied ass am Detail an der Annexe 1 vum Projet beschriwwen. Ech brauch net weider drop anzegoen, vu dass hie sech net wesentlech vun deem Tracé, deen 1995 schonn diskutéiert ginn ass, ënnerscheet.

Den Artikel 2 seet, dass de Gesamtkäschtepunkt d'Zomm vun 9.800.000.000 Frang, respektiv 242.935.000 Euro, net duerf iwwerschreiten. Dës Dépense ginn iwwert de Fonds des routes imputéiert.

Ze bemierken ass, dass dës Käschtepunkt nach dem Devis vun 1995 - selbstverständlech augmentéiert vun de legalen Haussen - entsprécht. De järelechen Entretien vun deenen 21 km Strooss mat allen Ouvrages d'art beziffert sech laut der nogeliwwerter Fiche financière op 1.266.880 Euro. Des Weidere ass dozou ze bemierken, dass de Käschtepunkt ëm 150 bis 160 Milliounen an d'Luucht wäert goen, deemno wéi eng Décisioun geholl gëtt, fir weider Sécherheetsmesuren am Tunnel Markusbiert virzehuelen, Mesuren, déi bis elo nach net décidéiert sinn; dat ass e Problem op deen ech nach ze schwätze wäert kommen.

D'Kommissioun huet och den Artikel 3 vum Regierungsprojet, deen de Projet vun eenzelnen Ëmweltgesetzter dispenséiert, bäibehalen. Dat wëllt net heeschen, datt se ausser Kraaft gesat ginn, loin de là. Mä déi eenzel Mesuren an Autorisatiounen sinn am Detail, op Basis vun deenen Ëmweltgesetzter, an der Annexe 4 vum Projet beschriwwen. Dat ass jo de Sënn vum engem Acte législatif spécifique, wéi en an der Direktiv festgehal ass.



Dëse Prinzip huet och schonn Uwendung bei der sougenannter Nordstrooss fonnt. Den Här Berger konnt an der Commission jointe bestätegen, datt iwwert de Wee eng besser Koordinatioun an Iwwersicht vun deenen eenzelnen Ëmweltoploen ze erreeche wier.

De Statsrot huet eng Opposition formelle ugekënnegt gehat, wann d'Annexe 4 net iwwer e Règlement grand-ducal géif arrêtiert ginn. Als Kommissioun hu mer de Statsrot a sengen Iwwerleeungen - déi dorop hinzilen, fir dem Bierger d'Méiglechkeet ze ginn, während der Exekutiounsphas Asproch géint administrativ Autorisatiounen ze erhiewen - suivéiert, an deemt-sprechend dann och am Artikel 4 festgehalten, datt d'Annexe 4, déi d'Conditions et mesures d'exécution beinhalt, iwwer e Règlement grand-ducal arrêtiert gëtt. Dës Prozedur huet och Uwendung fonnt bei der Nordstrooss.

Souwäit zum Projet de loi, e Projet deen et erlabe soll, d'Expropriatiounsprozedur erëm sou séier wéi méiglech ulafen ze loossen, fir dass d'Autobunn sou schnell wéi méiglech zu Enn gebaut ka ginn. Dofir huet dëse Projet och eng gewëssen Urgence.

Dëse Projet soll eis awer och virun Ae féieren, dass et wichteg ass, am Virfeld vun der Ausaarbechtung vun engem Projet all gesetzlech Virschreften an Oploe genauestens ze beuechten, wuelwëssend, dass Interpretatiounsproblemer ëmmer kënnen bestoe bleiwen. Mä besser eng Démarche méi als eng net genuch, well d'Debatten iwwer esou e Projet wéi deen hei, un deem déi jetzeg Regierung, respektiv d'Bauteministesch, keng Schold huet, sinn net onbedéngt eng Stärestiton fir d'Parlament.

Et ass trotz allem Nogeschmaach e wichtige Projet, deen ech lech da géif bieden, mat gousser Majoritéit ze stëmmen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, erlaabt mer nach e puer Wuert zu anere Problemer am Beräich vum Bau vun der Autobunn unzuschneiden.

Do ass fir d'éischt dee vun der Sécherheet am Tunnel. Gewosst ass, datt scho bei der Planung vum Tunnel all méiglech Sécherheetsverschreften - déi den internationalen Normen entsprechen, an doriwwer eraus - getraff gi sinn, an et ass kengem vun deenen, déi zoustänneg fir d'Planung sinn, e Reproche ze maachen, et wier net genuch fir d'Sécherheet am Tunnel gemaach ginn.

Dach op Grond vun den Erkenntnisser, déi bei de leschten Tunnelsaccidenter gemaach gi sinn - an et waren der jo net wéineg, nach gëschtert erëm dee leschten am Gotthard-Tunnel -, sinn am Ausland d'Expären amgaang, déi eenzel Sécherheetsnormen ze iwwerschaffen. Bemierke muss een awer och, dass déi Accidenter all an Tunneler mat Géigeverkéier geschitt sinn an also net mat deem, deen hei en cause ass, ze vergläiche sinn.

Am Tunnel Markusbiereg, also en Tunnel mat zwee Tübe vun 1.582 Meter Längt, sinn am Projet dräi Querverbindungen tëschent deenen zwee Tübe virgesinn. Een an der Mëtt, wou Persounen a Persounenautoe kënnen d'Säit wiesselen, an do dertëscht dann nach jeweils eng Querverbindung fir Persounen, dat heescht, dass quasi all 400 Meter e Querverbindungstunnel ass.

Am Ausland ginn d'Bestriewungen dohinner, fir d'Tëschtendistanz ze verkierzen, an zwar bis op 300 Meter erofzesetzen. Et ass gewosst, datt déi géfteg Dämp sech mat 12 Meter d'Sekonn verbreedden, wougeint eng Persoun sech nëmme mat 2 Meter d'Sekonn déplaciert. Wann een also misst flüchten, da wieren déi 400 Meter manifestement ze wäit, sou datt ech frou wier, wann am Interesse vun de Benotzer vum Tunnel an am Interesse vun der Sécherheet vun de Leit, déi bei den Accidenter zum Asaz kommen, d'Zuel vun de Querverbindungen am Markustunnel - en Tunnel deen donierft ee maximal zoulässegt Gefäll vu 5% opweist, an dofir och nach zousätzlech Gefore beinhalt -, wéinegstens verduebelt géife ginn, dat heescht, datt wéinegstens all 200 Meter eng Querverbindung wier.

Wéi ech scho gesot hu wäert dat eng 150 Milliounen kaschten an ech wier frou wann d'Mme Minister, vu datt si - sou huet et wéinegstens an der Kommissioun geschéngt -, e Préjugé favorable zu där Saach huet, eis de leschte Stand vun där Problematik kéint matdeelen.

Ech hunn doriwwer schonn eng Question parlementaire gestallt a wann et misst sinn, géif ech doriwwer och nach eng Motioun abréngen, well ech huele jo net un, dass een heibannen do dergéint ass.

En zweete Problem ass dee vum Echangeur Rëmerschen/Schengen wou et anscheinend fir Camioner problematesch gëtt, weinst där kuerzer Beschleunigungsspur virum Tunnel, den Echangeur ze benotzen.

Elo ass et awer - an dat schonn am Virfeld vun der Planung - ëmmer eng Fuerderung vun de Gemengen aus der Géigend vum Museldall gewiescht, dass éischters en Echangeur fir de Museldall soll gebaut ginn, an zweetens datt hien esou sollt gebaut ginn, dass och Camioner missten drop kommen, fir endlech deen Deel vum Museldall vun deene sëllege Camionen, déi sech duerch déi enk Stroosse vun de Museldierfer quetschen, ze befreien.

Et kann net sinn, datt déi grouss Stroossen, déi mer bauen, nëmme dem Transitverkéier sollen déngen. Eng drëtt Spur am Tunnel nobauen ass net méi méiglech. De Verkéier aus Däitschland kéint awer op déi lénks Fahrspur eriwwegeholl ginn an esou géif déi riets Bunn fräi gi fir déi, déi um Echangeur Schengen eropfuere. An dofir ass mäi Wonsch un d'Mme Minister, fir alles ze ënnerhuelen, dass dat méiglech gëtt.

E leschte Punkt, deen ech wollt uschneiden, ass dee vun der Tankstell. Wann eng gebaut gëtt, da soll déi

Décisioun net op d'laang Bänk geschubst ginn, well da mussen Op- an Offaarten, an eng Bréck, elo zesumme mam Bau vun der Strooss gebaut ginn.

Et kann net sinn, datt mir fir d'éischt d'Strooss fäerdeg bauen, déi dann dem Verkéier iwwerginn, an dono mat grousssem an deierem Opwand a mat Verkéiers-behënnerungen eng Tankstell nobauen. Wa keng gebaut gëtt, soll déi Décisioun och schnell geholl ginn, fir dass déi Tractatiounen, déi deels och nach politesch ugehaucht sinn, endlech Rou kréien.

D'Mme Minister ass bereet, eng Kompromissléisung, wat d'Implantatioun vun enger Tankstell ugeet, ze sichen. Dëst ass schwier, well d'Siten, déi a Fro kommen, all op der Biermerenger Gemeng leien: Deen een un der kantonaler Aktivitéitszon an deen aneren - en Alternativsite, e bësse méi verstoppt - op där anerer Säit vun der Autobunn.

Souwuel d'Biergerinitiativ Biermereng, wéi d'Gemeng selwer - dat zumindest zum jetzegen Zäitpunkt vun der Evolutioun vum Dossier a vun den Etuden - hu sech géint eng Tankstell ausgeswat. Dat geet aus engem Bréif ervir, deen den Här Buergermeeschter vun der Gemeng un d'Mme Minister gerichtet huet, an dee mer zougestallt kritt hunn.

Héi steet elo d'Mme Minister an der Schosslinn. Ech muss awer soen, datt hei eng ganz Regierung gefuerdert ass.

#### **(Interruption)**

Dat geet u beim Här Finanzminister, dann de Budgetsminister, besonnesch de Wirtschafts- an Transportminister, ...

#### **(Interruption)**

... deem eng wichteg Roll an deem Dossier zousteet, den Ëmweltminister, de Mëttelstandsminister, d'Travaux publics; wéi gesot, d'ganz Regierung muss hei Solidaritéit beweisen.

#### **(Interruptions diverses)**

Wa mer keng bauen hunn ech perséinlech guer kee Problem domat, wuelwëssend awer, datt sech dann an der Gemeng Mondorf ...

#### **(Interruptions et coups de cloche de la Présidence)**

**M. Jeannot Krecké (LSAP).**- Hie soll sech konzentréieren op de Rapport!

**M. Nicolas Strotz (CSV), rapporteur.**- Also, Här Krecké, ech géif lech biede roueg ze sinn; Dir waart eng Kéier an enger Sitzung, dat war an där Réunion jointe, a soss waart Dir ni an enger Sitzung wou dee Projet diskutéiert ginn ass.

**M. Jeannot Krecké (LSAP).**- Ech sinn net Member dovunner!

**M. Nicolas Strotz (CSV), rapporteur.**- Majo dofir kann ech lech soen, datt dee Problem diskutéiert ginn ass!

**M. Jeannot Krecké (LSAP).**- Net an där wou ech war.

#### **(Hilarité)**

**M. Nicolas Strotz (CSV), rapporteur.**- Also wann ech gelift, Här Krecké, Dir kritt jo och nach d'Geleeënheet hei dozou ze schwätzen an ech mengen ...

**M. Jeannot Krecké (LSAP).**- Et géif mech Wonner ginn, wann ech dozou géif schwätzen!

**Une voix.**- Sot eis emol eppes iwwert d'Tankstell!

**Une autre voix.**- Et weess een ni wat ka kommen!

**M. Nicolas Strotz (CSV), rapporteur.**- Dir misst lech vläicht mam Här Goebels uleeën, an dat wëllt Der jo awer bestëmmt net.

**M. Jeannot Krecké (LSAP).**- Dir sollt Äre Rapport maachen a soss näischt!

**M. Nicolas Strotz (CSV), rapporteur.**- Ech hu mä Rapport jo gemaach, an ech hu gesot, ech géif hei nach e puer Problemer uschneiden.

**M. Jeannot Krecké (LSAP).**- All déi aner Saache sollt Der ...

#### **(Interruptions diverses et coups de cloche de la Présidence)**

**Une voix.**- Mam Kapp duerch d'Mauer!

**M. Nicolas Strotz (CSV), rapporteur.**- Wa mer keng bauen, hunn ech perséinlech guer kee Problem domat, wuelwëssend awer datt sech dann an der Gemeng Mondorf an an der Gemeng Rëmerschen, wou sech eng Biergerinitiativ fir d'Tankstell gebilt huet, nach méi Tanktourismus wäert entwéckelen.

Baue mer eng Tankstell, da mussen fir d'éischt genau detailléiert Ëmwelt- an Impaktstudien op den Dësch. Dës Studië mussen wuel den Impakt op d'Natur beinhalten, mä mir mussen besonnesch den Impakt op den Environnement humain, op de Mënsch, a Betracht zéien. Déi zwee sinn enk matenee verbonnen, mä den Impakt op de Mënsch muss awer ausschlaggebend sinn.

Des Weidere muss, wat de finanziellen Impakt vun esou enger Installatioun ugeet, emol eng kloer Sprooch geschwat ginn, fir dass d'Gemeng och weess wat op se zoukënnt.

Dësen Impakt duerf net ausschlaggebend si fir de Bau vun enger Tankstell; e muss awer offen a realistesch beschwat ginn.

Waren déi dräi lescht Sujeten e bëssen à l'écart vu mengem Rapport, Här Krecké, als Rapporteur, sou louche se mer dach um Häerz an ech soen lech merci, datt Dir mir esou laang nogelauschtert hutt.

**M. le Président.-** Als éischten Diskussiounsriedner ass den Här Nico Loes agedroen. Den Här Loes huet d'Wuert.

### *Discussion générale*

**M. Nico Loes (CSV).**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, den 13. Juli 1995 hu mir de Projet de loi 3929 iwwert déi sougenannte Saarstrooss gestëmmt a gläichzäiteg de Projet de loi 3972, deen d'Konventioun ratifizéiert, déi Lëtzebuerg mat Däitschland ofgeschloss huet, fir déi nei Bréck iwwert d'Musel ze bauen.

Wann een d'Virgeschicht vun der Saarstrooss ënnersicht, da kënnt een noutgedrongenerweis och op d'Collectrice du Sud ze schwätzen, wou d'Gesetz schonn den 31. Juli 1986 gestëmmt ginn ass. Dass dës zwou Stroossen enk a Verbindung musse bruecht ginn, huet de Statsrot a sengem Avis zum Bau vun der Collectrice du Sud gesot an de Rapporteur vum Gesetzprojet 3929, den honorabelen Här Scheuer, huet deemools de Statsrot zitéiert, wou dee seet: "La nécessité d'une jonction directe ou indirecte avec le réseau autoroutier de la Sarre continue à s'imposer."

Firwat? Mä well dës Strooss geduecht ass den Transit aus Däitschland a Richtung Süden ze bréngen a fir den Transit dann am Autobunnnetz laanscht den Zentrum an d'Stad Lëtzebuerg ze féieren. Grad am Kontext vun der Groussregioun ass dës Projet immens wichteg. D'Saarstrooss, esou wéi d'Collectrice du Sud, huet eng international Bedeitung a si stellt eng wichteg Verkéiers-ax duer, déi déi franséisch an däitsch Grenzregiounen matenee verbënnt.

D'Saar-Lor-Lux-Regioun huet sech an der Vergaangenheet als eng leeschtungsfäeg an erfollegräich Industrieregion erweisen. Dës Positioun gëtt duerch d'Verbindung mat der Partnerregion Saarland nach weider gestärkt. Regiounen, déi am Kontext vun der europäescher Integratioun ëmmer méi u Wichtigkeet zouhuelen, kënnen sech nëmme behaupten, wa se gutt Transportverbindungen hunn.

Mat der Verwierklechung vun der Saarstrooss, déi am Koalitiounsaccord festgehalten ass, geet d'Regierung konsequent de Wee vu méi Kompetitivitéit a vu méi wirtschaftlecher a sozialer Kohärenz an der Groussregioun.

Ech hu gemengt feststellen, dass am Kader vun eisen Diskussiounen an der Bautekommissioun bal jiddferee vun der Noutwendegkeet vun dëser Strooss iwwerzeegt ass a jo och schonn dee gréissten Deel dervu realiséiert ass. Et bleift eis keng aner Wiel, wéi fir weider ze bauen an zwar esou schnell wéi nëmme méiglech.

Et ass eigentlech elo keng Saach méi vun de prakteschen Aarbechten, déi an dësem Projet schnell a konsequent ëmgesat goufen, mä vun engem juristesche Problem, dee, wéi esou oft, mat sech bréngt, dass d'Aarbechten

ëmmer méi laang daueren an deemno och Auswirkungen op de Käschtepunkt wäerten hunn.

Bis elo ass dës Projet schnell a konsequent duerchgezu ginn. Den Här Pesch an den Här Biewer aus dem Bauteministère hunn an der parlamentarescher Kommissioun ugekënnegt, dass d'Aarbechte bis Enn 2002, Ufank 2003 kënnten ofgeschloss sinn. Vill vun deenen eenzelne Chantiers si scho fäerdeg oder an der Endphas. Ech woen awer ze bezweifelen, dass dësen Délai duerch deen Hickhack kann agehale ginn. Dofir wollt ech och e puer Précisiounen ginn zu deem juristesche Problem, dee sech elo stellt, a wou den Här Gira gemengt huet, wa mer dat Gesetz, wat mer haut fir d'zweet stëmme nach eng drëttes Keier misste stëmme, da kéime mer an d'Guinness-Buch vun de Rekorder. Dofir géif ech dem Här Gira noleeën vläicht e Guinness ze drénken, da géif hie sech berouegen a mir kéime méi séier virun.

D'Gesetz vum 31. Juli 1995 transposéiert d'Direktiv 85/337 iwwert d'Impaktelevaluatioun ...

### *(Interruptions diverses)*

Dann hätt Dir kee Béier ze drénke kritt, Här Gira.

**M. Camille Gira (DÉI GRÉNG).**- Maacht lech doriwwer keng Suergen.

**M. Nico Loes (CSV).**- All Bauprojet, deen an dat uewen zitéiert Gesetz soll integréiert ginn, muss sech esou enger Impaktstudie ënnerzëien, déi der Direktiv vun 1985 muss Rechnung droen. Dës ass net de Fall fir déi Projeten, déi schonn am Gesetz dra sinn, also och net fir d'Realisatioun vun der Saarstrooss. Eis Regierung huet awer Impaktstudien an d'Weeër geleet, déi d'Dispositiounen vun der europäescher Direktiv op wäite Strecken erfëllen. D'Regierung huet Informatiounsversammlungen organiséiert, fir de Public iwwert de Projet vun der Saarstrooss wäitgehendst ze informéieren an huet dës och der europäescher Kommissioun matgedeelt.

D'Lëtzebuerger Regierung huet argumentéiert, de Projet wier u sech e spezifesch nationale legislativen Akt - den Här Strotz huet dat och scho gesot -, deen am Detail adoptéiert ginn ass an dohier géing de Projet sech der Direktiv 85/337 adaptéieren, liese mer dach am Artikel 1, Paragraph 5: "La présente directive ne s'applique pas aux projets qui sont adaptés en détail par un acte législatif national spécifique. Les objectifs poursuivis par la présente directive y compris l'objectif de la mise à disposition d'informations étant atteints à travers la procédure législative."

D'europäesch Kommissioun war awer net dës Meenung an huet gesot, den Artikel 6 vun der Loi modifiée wier nëmme e generelle Programm, deem et un Detailler a prezisen Ausféierunge géing feelen. Des Weideren huet d'Kommissioun kritiséiert, dass

d'Erkenntnisser aus der Etüd der concernierter Öffentlechkeet virenthale gi sinn an dass d'Öffentlechkeet an déi concerniert Gemengeninstanze sech net konnten iwwert den Tracé vun der Saarstrooss expriméieren.

D'Réunioun fir de Public sinn als net konform zu de Prescriptiounen aus der Direktiv vun der europäescher Kommissioun ageschat ginn. An hirem Avis motivé vum 25. Juli 2000 huet se der Regierung un d'Häerz geluegt, een neien Text ze adoptéieren, deem dem Avis vun der Öffentlechkeet Rechnung dréit.

Op Basis vun enger Mise en demeure duerch d'Kommissioun huet d'Regierung de Public opgeruff, sech iwwert den Tracé vun der Saarstrooss auszredrücken. Dëst huet den Dispositiounen aus der Direktiv 97/11 entsprach, déi duerch de Gesetzprojet 4773 amgang ass, ëmgesat ze ginn.

D'Regierung huet dunn den detailléierte Gesetzestext adoptéiert, deem haut zur Ofstëmmung virläit. Dësen Text enthält a senger Annexe IV all déi technesch an ëmwelttechnesch Virschrëften, déi bei der Ëmsetzung vun der Saarstrooss musse befollegt ginn.

Wéi d'Gesetz vum 27. Juli 1997 iwwert d'Nordstrooss, gesäit de Projet iwwert d'Saarstrooss eng Dispens vun den Autorisatiounen vir, déi an deene fënnef Ëmweltgesetzter enthalte sinn.

D'Virschrëften an der Annexe IV vum Gesetz iwwerhuelen am Detail déi Dispositiounen, déi musse respektéiert gi bei der Ëmsetzung vum Projet. D'Tatsaach, dass de Pouvoir législatif déi néideg Autorisatiounen erdeelt, déi sech op déi technesch an ëmwelttechnesch Ëmsetzung bezéien, ass vum Statsrot kritiséiert an net acceptéiert ginn. Doduerch huet de Statsrot d'Dispens vun den Autorisatiounen, déi aus de fënnef Ëmweltgesetzter ervirginn, net ugeholl an deemno och net, dass de Législateur elo iwwert dës technesch an ëmwelttechnesch Moossname befénnt.

De Statsrot huet gemengt, dass dës Approche dem Bierger all Recoursméiglechkeeten, déi an deene fënnef Gesetzestexter virgesi sinn, ewechhëlt an huet virgeschloen, d'Dispositiounen aus der Annexe IV an engem Règlement grand-ducal ze verankeren.

D'Bautekommissioun huet sech dëser Proposition ugeschloss, fir dem Bierger an de Gemengen d'Recoursméiglechkeete virum Tribunal administratif ze erhalen.

### **(Interruption)**

Här Gira mir musse kucken, wéi et da geet. Dir kritt jo nach d'Geleeënheet fir déi Meenungen, déi Dir schonn an deenen zwou Kommissiounen - wou ech awer gemengt hunn, dass et de Projet vun der Bautekommissioun ass, erëm an déi aner mat virugeholl hutt -, ausgedréckt hutt, herno nach heizou auszredrücken.

Verschiedde Memberen aus der Bautekommissioun hu Problemer gehat mam Artikel 3 aus dem Gesetz, deem d'Dispens vun den Autorisatiounen, déi aus den entspreche Gesezter ervirginn, virgesäit. Den Här Hilger aus dem Ministère des Travaux publics huet an der Sitzung vum 18. Oktober 2001 klorgestallt, dass déi fënnef Gesezter net abrogéiert ginn, wéi vu verschiddene Säite fälschlecherweis behaupt gëtt, mä dass u sech nëmmen déi noutwendeg Autorisatiounen an der Annexe IV virgesi sinn, fir der Dispositioun aus der Direktiv gerecht ze ginn. Des Weideren, an ech hunn et schonn eng Kéier gesot, ass de Règlement grand-ducal nëmme geschafe ginn, fir e Recours ze erméiglechen.

Ech wëllt nach eng Kéier drun erënneren, dass d'Dispens vun den Autorisatiounen am Artikel 3 sech doraus erkläert, dass déi entspreche Autorisatiounen schonn ugefrot an accordéiert waren.

Ech gesinn an dësem Kontext net an, firwat d'Opposition zu menger Rietser elo der Regierung wëllt hei de Prozess maachen. Dëse wichtege Projet ass schonn deen zweeten iwwert d'Saarstrooss, well d'Regierung alle méigleche Bedenken an engem neie Gesetzprojet wollt Rechnung droen. Och d'Mme Hennicot-Schoepges huet nach eng Kéier klorgestallt, dass de Gesetzprojet den 8. Mee 2001 déposiert ginn ass. De Projet zur Ëmsetzung vun der modifizierter Direktiv 85/337, also d'Direktiv 97/11, ass am Februar 2001 schonn déposiert ginn. De Statsrot huet säin Avis awer eréischt de Juli 2001 ofgi mat e puer wichtege Froestellungen, also laang virum Dépôt vum Gesetz iwwert d'Saarstrooss. Ech halen einfach fest, dass mer um prozedurale Plang e bësse méi e komplizéierte Wee gaange sinn, deem awer korrekt ass.

Et dierf an deene verbleiwende Froen zu kengem Stéllstand kommen, fir de Projet a seng Realisatioun net nach onnéideg an d'Längt ze zéien, well mir stëmmen hei ëmmerhin, an ech hunn et scho gesot, déi zweete Kéier d'Gesetz iwwert d'Saarstrooss.

Dee verbleiwende juristesche Litige iwwert ee Grondstéck an der Gemeng Fréiseng esou wéi d'Fro iwwert déi geplangten Tankstell sollen a mussen och schnellstens gekläert ginn. De Rapporteur ass dorop agang.

Ech wollt nach eppes soen, wou de Rapporteur och schonn drop higewisen huet, an zwar d'Événement vu gëschter, dat heescht déi schrecklech Katastroph am Gotthard-Tunnel an der Schwäiz. Dat huet bewisen, dass mer d'Problematik vun dem ronn 600 Meter laangen Tunnel ënnert dem Markusbiirg genau ënnert d'Lupp mussen huelen. Och do sinn ech parfaitement mat dem Kolleeg Néckel Strotz d'accord - den Här Biewer hat ons och schonn do Explikatiounen ginn -, dass mer kucke sollen, ob mer net déi Sécherheetsvirschrëften, déi am Tunnel virgesi sinn, nach eng Kéier missten iwwerdenken. Wann dat net de Fall kënnt sinn



duerch iergendwéi bautechnesch Problemer, dann hoffen ech, dass déi 400 Meter ausräichend sinn an deenen déi Säitepassage sinn, fir allen néidege Sécherheetsmoosname kënnen gerecht ze ginn.

Zum Schluss vu menger Interventioun wollt ech mengem Frënd a Fraktiounskolleeg Néckel Strotz merci soe fir säin ausféierleche schrëftlechen a mëndleche Rapport an awer och der Bauteministesch, der Mme Hennicot-Schoepges, dass si vun Ufank u fir eng propper an transparent Prozedur an dësem Dossier plädéiert huet, an deem all Bierger Recoursméiglechkeeten huet.

An deem Sënn bréngen ech den Accord vu menger Fraktioun a soen lech merci.

**M. le Président.-** D'Wuert huet den Här Jos Scheuer.

**M. Jos Scheuer (LSAP).**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et ass e grouse Mann ginn, deen huet ee vu senge Problemer geléist, andeem e säi Schwert geholl huet an e Knuet duerchgehaen huet.

De Robert Goebbels geet ganz sécher an d'Geschicht vum Lëtzebuurger Stroossebau an als een, deen op d'mannst zwee gordesche Kniet zerschloen huet. Dat eent ass dee vun der Nordstrooss. Dat schéngt bis elo gelongen ze sinn.

### **(Interruptions diverses)**

Dee Knuet huet bestane vun 1967 bis 1997.

Deen zweete Knuet ass dee vun der Saarstrooss. Deen huet bestane vun 1972 bis 1995. De Robert Goebbels huet de Knuet getraff, mä en huet en net ganz duerchgeschloe kritt.

### **(Hilarité)**

Et ass elo d'Aarbecht vun der Mme Minister Hennicot-Schoepges, fir déi lescht Fiedem ze zerschloen an dann hoffe mer, dass et domat definitiv ass.

De Robert Goebbels huet Décisiounen geholl an en huet déi Décisiounen esou geholl, dass méiglechst séier konnt exécutéiert ginn. D'Chamber huet hiren Accord derzou ginn.

Stroossebau, an do wäert d'Mme Minister mer Recht ginn, ass ee vun deenen ondankbare Ressorten an enger Regierung, wou de Ressortminister permanent gefuerdert gëtt, fir ze décidéieren, fir ze exécutéieren, mä esou bal et zur Exécutioun kënnt, dann tauchen d'Schwierigkeiten op. De Bau vun där klengster Strooss ass en Agrëff an d'Natur. Et ass en Agrëff an d'Propriétéitsverhältnissen. Et ass en Agrëff an d'Prozeduren. An dësem Fall eng Ribambelle vu Prozeduren, déi erfëllt musse ginn. D'Chantieren zéie sech iwwer Joren an d'Nuisancen aus de Chantieren, déi si munchmol net virauszegesinn.

Ech mengen, d'Mme Minister wäert dat bestätegen. D'Problemer am Stroossebau si vun enger anerer Natur

wéi déi an der Kulturpolitik, och wann et do munchmol kruzial Froe gëtt, mä et gëtt jo nëmmen eng Gëlle Fra, Madame Kulturminister.

Zum Dossier Saarstrooss. Ech hunn am Opdrag vun der Kommissioun am Joer 1995 de Rapport derzou gemaach. Dozou ass Verschiddenes ze soen.

1. Fir d'éischt zu den Etudes d'impact, déi verlaangt gi sinn opgrond vum Artikel 14bis aus der europäescher Direktiv, déi mer an d'Gesetz agebaut hunn. Deemools hu mer gesot: "L'esprit de l'article 14bis a été respecté". Ech hat geziilt geschriwwen "l'esprit de l'article a été respecté". Ech hunn net gesot, dass à la lettre a bis an déi lescht Exekutioun den Artikel 14 aus der Direktiv respektéiert gi wär.

2. Iwwer e Règlement grand-ducal ass eng Consultation publique gemaach ginn, mä déi Consultation publique huet sech limitéiert op den Affichage an op d'Publikatioun. Do huet also een Element gefeelt.

Ech hat och bei deem Rapport de Résumé vun der Direktiv 85/337 derbäi geluegt. Ech wollt lech just den Artikel 2, Paragraph 2 kuerz virlesen. Do steet dran: "L'évaluation des incidences sur l'environnement peut être intégrée dans les procédures existantes d'autorisation des projets dans les Etats membres ou à défaut dans d'autres procédures ou dans celles à établir pour répondre aux objectifs de la directive".

Domat haten d'Leit d'Méiglechkeet fir en Avis ofzeginn. Et ass net esou, wéi wann déi Prozeduren do vergewaltigt gi wäeren.

### **(Interruption)**

Ech soe firwat, awer net dowéinst. Et war keen Asproch méiglech.

Den Avis vum Statsrot war och net esou negativ.

Dat zur Prozedur, déi mer deemools gewielt haten. Ech wollt awer nach en drëtte Volet uféieren, nämlech d'Diskussiounen an der Chamber vum 13. Juli 1995, an ech wollt do emol verschiddene Leit a verschiddene Fraktiounen de Spiegel virun d'Aen halen. Ech hu mat Plëséier déi Diskussiounen nogelies.

Zu deem wat den Här Néckel Strotz gesot huet, deen iwwregens elo en excellente Rapport gemaach huet, an ech félicitéieren en och fir déi Aart a Weis, wéi en dee Problem hei ugaangen ass. Hien hat et duebel schwéier. Den Här Néckel Strotz war an där Diskussioun zerrass, e war bal schizophrén, hat ech d'Impressioun. En huet nämlech d'Avantagë vun der Südvariant missten hei uewe verteidegen an duerno huet e gesot, e wier en fait fir d'Nordvariant. Dat wier säi perséinleche Choix. Den Här Strotz huet dat gesot, mä en huet vill iwwert d'Noutwendegkeet vun der Strooss geschwat an iwwer Etudes d'impact, déi no dem Vote gemaach ginn. An dat war ee vun de Schwaachpunkte gewiescht vun deem éischte Gesetz.

Den Här Goebbels hat sech drop verlooos, dass déi Etudes d'impact, déi nom Vote gemaach ginn, och Valeur hätte fir déi Leit, déi eventuell Recours geplangt hätten.

Den zweete Riedner war den Här John Schummer vun der DP, dee säin Häerz fir den Osten entdeckt hat an en huet deem fräie Laf hei uewen op der Tribün ginn. En huet d'Nordvariant géint d'Südvariant ausgespillt. En huet nëmmen iwwer Streckeverlaf geschwat. En huet och eng Motioun abruecht, mä en huet kee Wuert iwwert d'Prozedure gesot, keen eenzegt Wuert iwwer Feeler, iwwer Mängel.

Bei der LSAP war et den Här Jean Schiltz, deen och nëmmen iwwert d'Südvariant geschwat huet.

An dunn ass den Här Gast Gibéryen komm vum ADR, an zur Éiererettung vum Här Gibéryen soen ech, datt en och iwwert den Artikel 14bis geschwat huet an en huet do fest an Aussicht gestallt, datt wann et géif esou goe wéi et gaangen ass, nämlech datt den Artikel 14bis géif drakommen - an nom Artikel 14bis kënt een net déi Strooss bauen -, géif eng Gemeng de Lëtzebuerger Stat verkloen an eventuell géif sech esouguer eng Gemeng aus der noer Grenzregioun uschléissen. Dat war de Virspann vum Här Gibéryen. Duerno ass awer guer näischt méi komm dovun. En huet iwwert d'Tracé geschwat.

**M. Gast Gibéryen (ADR).**- Dann zitéiert och nach, wou ech gesot hunn, datt mer mat den europäesche Gerichter geschwat hunn an datt déi eis Recht ginn hunn an der Analys, datt den Artikel 14 och applicabel wier fir dat Gesetz. Hutt Der dat iwwersinn? Dat stong nämlech direkt do virun.

**M. Jos Scheuer (LSAP).**- Dat ass nämlech net wouer. Ech hunn Ären Ufank gelies an do steet just déi Mise en garde dran.

**M. Gast Gibéryen (ADR).**- Ech liesen lech en herno vir.

**M. Jos Scheuer (LSAP).**- Dir hutt eng Mise en garde gemaach an dann hutt Der dréttens relativ vill iwwert de Rond-point zu Fréiseng geschwat an dann hutt Der eng Motioun abruecht iwwert d'Nordvariant.

Déi Gréng, an zwar an der Persoun vum der Mme Renée Wagener, hunn déi Geschicht ëm den Artikel 14bis an ëm d'Ëmsetzung vum der Direktiv ausgebaut. Si hunn d'Fro gestallt no der Ëmsetzung vum der Direktiv vum 1985, esou wéi elo an e puer Minutten den Här Gira d'Fro no der Ëmsetzung vum der Direktiv vum 1997 stelle wäert, a si hunn higewisen op de sougenannte Kär vum Problem, nämlech d'Fro vum der Opportunitéit vum engem Projet an d'Fro vum Tracé. Ech mengen, dat ass och de Fong vum Problem, dee mer hei diskutéieren.

Et ass bei där Saarstrooss ni iwwert d'Opportunitéit diskutéiert ginn. D'Leit haten net d'Méiglechkeet fir Recours géint d'Opportunitéit vum där Strooss ze

huelen, an ech hunn esou e bëssen d'Impressioun, wéi wann de Statsrot och duerch seng Suggestioun, fir d'Direktiven anzebauen an d'Kommodo-Inkommodo-Gesetzgebung, dee Recours quant au fond wëllt méiglech maachen.

Ech sinn awer bis ewell och nach der Meenung, datt déi Fro no der Opportunitéit sech deemools net richteg gestallt huet, och net ze stelle war. Déi war acceptéiert, och duerch de Vote vum der Chamber, an haut ass se net méi ze stellen, eben och duerch de Fait accompli, fir deen d'Mme Minister ebe steet.

Dat war de gordesche Knuet, deen ze zerschloe war. Dir hutt gesot, aus all deenen Ursaache wier den Artikel 14bis an d'Gesetz komm an d'Direktiv net ëmgesat ginn.

Déiselwecht Iwwerleeunge wäerten elo gemaach ginn. D'Madame Wagener huet vu véier Autosparteie geschwat an domat si mer um Fong vum Problem. Dir sidd géint déi Strooss an dee Prozedurskrich déngt lech dozou fir d'Strooss ze verhénnere.

**Mme Renée Wagener (DÉI GRÉNG).**- Well mir fir d'Demokratie antrieden?

**M. Jos Scheuer (LSAP).**- Bezeechnenderweis hutt Der näischt gesot vum Acte législatif spécifique, dee méiglech ass. An iwwert den Acte législatif spécifique acceptéiert een och de Prinzip vum Bau vum esou enger Strooss.

**Mme Renée Wagener (DÉI GRÉNG).**- Här President, dierf ech dem Här Scheuer dorop äntweren?

### (Assentiment)

Mir hunn deemools ganz kloer déi Fro opgeworf vum der Consultation publique, wou mer gemengt hunn, datt déi net korrekt ofgelaf wär. An dat ass jo genau de spréngende Punkt, ëm deen et hei geet. Dir kënnt eis dach elo net de Virwurf maachen, mir hätten net déi Froe gestallt. Natierlech hu mir och eng politesch Kritik um Bau vum där Strooss geübt, mä mir hunn awer och ganz kloer an däitlech déi Froe vum der Prozedur, an domat verbonne vum der Demokratie, gestallt. A wann Dir fannt, dat wier falsch gewiescht, da kann ech lech do wierklech net méi suivéieren.

**M. Jos Scheuer (LSAP).**- Ech hunn net gesot, datt et falsch war, mä ech hunn lech just op de Fong vum Ärer Interventioun higewisen. Dat war eng fundamental Oppositioun zum Bau vum der Saarstrooss, esou wéi et och bei der Nordstrooss de Fall war.

Ech wollt déi Virgeschicht an Erënnerung ruffen, well déi och permanent hei optaucht. Den Här Loes huet sech domat befaasst. De Rapporteur huet sech domat befaasst.

D'Mme Bauteminister bréngt elo en neie Projet, opgrond vum Avis vum der Mise en demeure vum der

europäescher Kommissioun. An zwar sollen d'Etuden net zur Dispositioun vun de Leit gestanen hunn. Den Här Goebbels war der Meenung, datt iwwer seng Consultatioun där Prozedur Rechnung gedroe gi wär an d'Kommissioun recommandéiert dann en neie Projet ze maachen.

Mir leien do an der Logik vun deem éischte Gesetz. Dat heescht, mir maachen nees eng Loi spécifique an d'Direktiv léisst dat zou. An dat muss een acceptéieren, och wann een dergéint ass.

D'Consultatiounen hu stattfonnt. E Règlement grand-ducal mat den Ausféierungsbestëmmunge schafft d'Méiglechkeet fir Asproch ze erhiewen. Ech hoffen, datt de Règlement grand-ducal duergeet. Ech verlosse mech do op d'Aussoe vum Jurist a vu Juristen an domat si mer an der Logik vun deem Gesetz, dat d'Chamber gemaach huet, wéi mer d'Nordstrooss gebaut hunn a wou mer derduerch komm sinn.

Elo zum Argument, d'Gesetzer géifen ausser Kraaft gesat ginn. Ech fannen dat e ganz schlëmmt Argument. Firwat? Well et e suggestiivt Argument ass. Domadder gétt nämlech suggéiert, datt en Ausnahmezoustand fir de Bau vun dëser Strooss geschaaft ginn ass an och elo nach bäibehale gétt. Domadder gétt suggéiert, datt d'Regierung an der Illegalitéit ass an datt se deemools an haut am Fong d'Willkür vum Stat propagéiert an deem Moment wou se Stroosse baut.

Ech ginn zou, datt eenzel Leit dat kënnen esou ëmpfannen, mä ech wiere mech dergéint, wann een doraus eng Doktrin mécht an dem Stat dat ukräizt. Ech fannen et geféierlech, well sech doraus vill generell Konklusiounen zéie loossen.

Déi Dispositiounen vun de Gesetzer, déi heimat ausser Kraaft gesat ginn, ginn nämlech opgegraff op villen anere Plazen. Si ginn opgegraff an den Annexen a si ginn opgegraff an engem Règlement grand-ducal. Ech fannen dofir den Term "dérogéiere" falsch. Ech sinn der Meenung, datt ee misst "transféréiere" soen.

Ech sinn der Meenung, a mat mir och meng Fraktioun, datt d'Rechtssécherheet mat dësem neie Gesetz méi grouss ginn ass. D'Fro déi sech stellt: War et noutwendeg? Do seet den Här Goebbels ganz bestëmmt Neen. Hien hätt mat grousser Wahrscheinlechkeet den Instanzewee duerch all Gerichter gemaach, mengen ech ze wëssen, fir dann e Jugement ze kréien an opgrond vun deem Jugement hätt en da kënnen légiféréieren oder och net.

Sécher ass, datt et virsichteg war, fir et net esou ze maachen. Sécher ass, datt et virsichteg war, fir den Avis vum Statsrot ze respektéieren a fir och de Wee anzeschloen, deem d'Kommissioun ugedeit huet.

Ech wëll nach zum Schluss e puer Froen opgräifen, déi de Rapporteur a sengem perséinlechen Numm un de

Rapport ugehaangen huet, an e puer Froen, déi am Raum stinn, an deem esou berühmte Raum, deem een ni ganz opfëlle kann.

D'Regierungséquipe war ugetruede virun 1995, fir dee Projet de Leit schmackhaft ze maachen. De Stroossebauminister war dobäi, de Landwirtschaftsminister an den Ëmweltminister waren dobäi, mat hire Beamten. Si haten de Pilgerstab, si si bei d'Gemengen, si si bei d'Leit gaangen. Dat war déi berühmte Consultation publique, déi ausgaart ass, datt et public Streech ginn ass fir déi Leit, déi do gesiess hunn.

Munch Ännerunge sinn awer op Wonsch vun de Gemengen a vun de Leit agefouert ginn an d'Exekutioun. An ech froe mech, wann enn déi aner Prozedur gewielt hätt, ob méi dobäi erauskomm wär fir déi Concernéiert.

Ech huelen emol déi puer Gemengen duerch, déi och den Här Strotz ugeschwat huet a weisen op e puer Widderspréch hin, déi awer munchmol esou flagrant sinn, datt ee se vun Zäit zu Zäit nees opgräife muss, fir d'Leit och drun ze erënneren.

D'Gemeng Rëmerschen huet eng Verbindung tëschent Schengen an der Autobunn gefuerdert, an zwar eng duebel Verbindung. Firwat? Et soll een erofkommen an nees erofkommen op d'Autobunn. Dat war de spezielle Wonsch vun der Gemeng. Ech war als Rapporteur dohinner, fir de Bols ze fillen. Ech war awer dergéint, datt dat soll gemaach ginn.

Den Accès vum Haff Réimech sollt garantéiert ginn, awer gläichzäiteg war dru geduecht, datt den Tanktourismus ausgebaut sollt ginn an domadder der Gemeng eng Geldquell geschaaft ginn, vun där se gedreemt huet.

Elo huet sech eng Biergerinitiativ dergéint gebilt. D'Gemeng fuerdert eng Tankstell op der Autobunn als Entlaaschtung fir eng Uertschaft, déi futti geet un deem Verkéier. D'Konzessioun, fir deem dueblen Accès do ze bauen, ass opgrond vun enger Consultatioun publique vun der Gemeng gemaach ginn.

Domat wier ech bei der Gemeng Mondorf. D'Gemeng Mondorf wëll hir Tankstellen an der Uertschaft halen. Et ass e politesche Choix, deem een trëfft, wann een esouvill Tankstellen an der Uertschaft huet an domadder seng Leit besser zerwéiere kann. Wann een domat och nach Aarbechtsplaze schütze kann, dann ass dat och e Choix.

Aner Buergermeeschteren, wéi dee vu Rëmerschen zum Beispill, wiere frou, wann déi Tankstelle géifen auswanderen a wa se domat d'Liewensqualitéit an hiren Uertschafte kënnte méi grouss kréien, mä dat ass jidderengem säi Choix. Domat huet d'Gemeng sech géint d'Tankstell op der Autobunn ausgeschwat.

Da si Pläng gemaach gi fir d'Tankstell ze implantéieren. Ech weess net, ob et den Här Lahure oder den Här Bodry

war, deem d'Tunnelausfaart zu Schengen proposéiert hat. Dat ass gescheitert un ekologesche Considérations.

### **(Interruptions diverses)**

Neen, et war de Stroossebauminister, dee proposéiert hat an den Alex Bodry, dee refuséiert huet. Do huet d'Ekologie sech duerchgesat an dunn ass dann d'regional Industriezon an d'Gespréich komm. Do hätte missen Terraine fräigemaach oder nei erschloss ginn, fir d'Tankstell dohinner ze kréien. Neierdéngs, dat huet mech gewonnert, ass Terrain um Bann vun der Gemeng Biermereng am Gespréich. Am Ufank war d'Gemeng Biermereng dergéint, an zwar ass d'Gemeng Biermereng déi eenzeg Gemeng, déi vun der Autobunn guer näischt huet. D'Gemeng Biermereng kann nëmmen hoffen, dass se Kompensatione kritt.

Wann elo déi Tankstell um Bann vun der Gemeng Biermereng gebaut gëtt, da kritt d'Gemeng Biermereng op d'mannst den Impôt commercial dovun.

**M. Camille Gira (DÉI GRÉNG).**- Gitt emol op Réiser froen, wéi weineg dass dat ass. Drämol näischt, Här Scheuer! Renseignéiert lech emol!

**M. Jos Scheuer (LSAP).**- Ech si gespaant, wéi dat do tranchéiert gëtt.

**M. Gast Gibéryen (ADR).**- Sidd Der dofir oder dergéint? Sot eis dat!

**M. Jos Scheuer (LSAP).**- Wann dat do zoutreff, dann ass do e Kouhandel gemaach ginn, deem ze verdamen ass.

Ech perséinlech si folgender Meinung, wann dat scho gefrot ass: Ech sinn der Meinung, dass op déi Autobunn eng Tankstell gehéiert. Ech sinn der Meinung, dass een iwwert déi Tankstell do et muss fäerdegbréngen, fir den Tanktourismus an den Uertschaften ofzebauen. Wann dat geléngt, huet een eppes fir d'Leit gemaach an et huet een eppes fir d'Uertschaft gemaach. Dat war nach ëmmer meng Positionen an dat bleift se. Natierlech mussen d'Konditionen erfëllt ginn, fir d'Nuisancen esou kleng wéi méiglech ze halen.

Mä wann ee bis eng Kéier esou haart Position geholl huet a sech op d'hënnesch Bee gestallt huet fir eppes ze verhënnere, dann ass et schwéier, fir d'Kéier ze kréien. Mir sinn emol gespaant.

Déi drëtt Fro, déi ech einfach emol esou wollt stellen, ouni dass ech awer vläicht do eng Äntwert kréien, ass folgend: Ech wéisst gär, wat an der Fréisenger Gemeng vu Changement, respektiv vu Verbesserung virgeholl gi sinn zënter dem Vote vun 1995. Zënter deem Vote ass et ganz roueg vu Säite vun der Gemeng, an ech froe mech, wat muss geschéien, fir dass de Verkéier eventuell zäitweilg duerch Helleng féiere kann.

Déi Äntwerte kann d'Mme Minister net ginn, mä vläicht kënnen aner Leit dorop äntwerten.

Als leschte Riedner ass deemools den Här Alphonse Theis erausgaangen.

### **(Interruptions diverses)**

Här Gibéryen, Dir braucht net opgereege ze sinn!

Eng lescht Fro, Mme Minister. Den Här Alphonse Theis war erausgaangen an huet op eng gentil Aart a Weis drop higewisen, dass déi sougenannt Saarstrooss nëmmen hir Missioun ganz erfëlle géif, wann een och eng Zousazstrooss géng bauen a Richtung Hesper, a Richtung Findel.

Dat war och d'Ursach, wann ech mech richteg erënnere kann, dass den Här Strotz och éischter fir d'Nordvariant war wéi fir d'Südvariant.

Ech wollt froen: Wéi steet de Bauteministère zu där doter Problematik? Déi kënn iergendwann, wa se nees opgegraff gëtt, um lokalen oder um regionale Plang net vergiess ginn.

Dir Dammen an Dir Hären, ech hu gesot, dass mir fir dee Projet stëmmen, aus der Iwwerzeegung eraus, dass d'Rechtssécherheet garantéiert méi grouss ginn ass. Déi Fro, ob et opportun gewiescht wier, fir ze prozesséieren a fir bis op d'Äusserst ze goen, beäntweren ech a mengem eegenen Numm mat Neen. Et ass besser op déi hei Aart a Weis ze fueren, wéi mam Kapp duerch d'Mauer ze goen an et iwwer Gerichter ze maachen.

Ech si perséinlech iwwerzeegt, dass d'Sécurité juridique heimadder méi grouss gëtt.

Ech soen lech merci.

**M. le Président.**- Als nächste Riedner ass den Här John Schummer agedroen. Den Här Schummer huet d'Wuert.

**M. John Schummer (DP).**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, erlaabt mer un éischter Stell dem Rapporteur, dem honorablen Här Nicolas Strotz, fir säi mëndlechen a schrëftleche Rapport merci ze soen. Ech mengen, mir sinn eis eens, wann ech feststellen, dass d'Geschicht vun der Saarstrooss op e laangen Historique, mat ville Revirementer zrëckblécke kann. Den Här Strotz huet dat jo och elo grad schonn an allen Detailler virgedroen.

Ech wëll mech dann och a menger Interventioun ganz kuerz op e puer Remarque beschränken.

Wa mir haut nach eng Kéier iwwert d'Saarautobunn ofstëmmen, dann ass dat well e Propriétaire zu Helleng, dee säin Terrain net wollt hierginn, e Prozess géint de Stat ugestriift huet.

D'Cour européenne de Justice huet dorophi constatéiert, dass déi Impaktstudien, déi hei zu Lëtzebuerg am Kader vum Projet de loi modifiant et complétant la loi modifiée du 16 août 1967 ayant pour objet la création d'une grande voirie de communication et d'un fonds de route gemaach gi sinn, net konform zu der euro-



päescher Direktiv iwwert d'Impaktstudië sinn. Déi deemoleg Majoritéit huet dee Projet de loi, deen dann och de Bau vun der Saartautobunn festhält, am Juli 1995 hei gestëmmt.

D'europäesch Kommissioun kritiséiert dann och, dass d'Impaktstudien dem Public net genuch zougänglech gemaach gi sinn. Weiderhin ënnersträicht d'europäesch Kommissioun och genau dee Punkt, deen d'DP 1995 ervirgehuewen hat, nämlech dass een dem Public net d'Méiglechkeet ginn hätt säin Avis zum Tracé ze soen.

Mir erënneren eis, d'DP huet 1995 schonn ugeprangert, dass iwwert de Vote vun engem Projet de loi, wou prinzipiell de Bau vun der Saartautobunn beschloss sollt ginn, dann op eemol och den Tracé schonn dra figuréiert huet. D'Kaart mam Tracé vun der Südvariant war einfach un dee Projet de loi drugehaange ginn an déi deemoleg Majoritéit huet den Tracé an enger Motioun ofgeseent.

Vu dass mer alleguer gär hätten, dass d'Aarbechte vun der Saartautobunn esou schnell wéi méiglech sollen ofgeschloss ginn, hu mer de Projet erëm op de Leescht geholl, fir dann där Direktiv an de Remarque vun der europäescher Kommissioun Rechnung ze droen.

D'Consultations publiques hu stattfonnt. D'Procès-verbalen aus deene verschiddene Gemenge si vum Ministère des Travaux publics ausgewäert ginn an et ass de Remarken, déi doranner enthalen waren, wäitgehenst Rechnung gedroe ginn.

Wat d'Ëmweltfroen ubelaangt, esou besteet och do kee Problem méi. Also, en somme kënnst ee behaapten, nodeems mer dee Projet de loi gestëmmt hunn, dass dem definitive Fäerdegbau vun der Saartautobunn näischt méi am Wee kënnst stoen an dass se kënnst finaliséiert ginn.

Leider fäerten ech, dass dat awer net esou einfach wäert ginn, esou laang de Stat sech deen Terrain zu Helleng net zu eege maache kann, deen e brauch. A wa mer dann esou wäit si wéi mer elo sinn, dann ass dat, well dee Propriétaire vu sengem legitime Recht Gebrauch mécht, fir Recours ze maachen, fir säin Terrain net mussen hierzeginn. A vu dass d'Prozeduren deene vun der europäescher Direktiv net entsprach hunn, huet de Propriétaire Recht kritt.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'géigewäerteg Situatioun ass elo déi, dass d'Saartautobunn entweder zu Fréiseng ënnerbrach gëtt an do an e Rond-point geleet gëtt, oder awer zu Helleng eng Ëmgehungsstrooss gebaut gëtt, déi esou den Terrain ëmfier. Déi Geschicht kascht dann op d'mannst 60 Milliounen an no uewen "open end".

Ech wëll elo net méi weider hei op déi prozedural Froen, déi de Conseil d'Etat a sengem Avis opgeworf huet, agoen. Den Här Strotz huet dat a sengem Rapport genau erkläert. Ech ginn emol einfach dovun aus, dass

de Conseil d'Etat an de Ministère des Travaux publics an hirer Sagesse elo alles gemaach hunn, fir dass mer en accord mat eiser an där europäescher Législatioun sinn an ech hoffen dat wierklech inständegst fir d'Leit vu Fréiseng an Helleng haaptsächlech, a fir all déi, déi déi Strooss iergendwann eng Kéier solle benotzen.

Här President, meng Fraktioun wäert dee Projet de loi stëmmen, well mer gären hätten, dass déi Saartautobunn elo endlech, an zwar esou schnell wéi méiglech, finaliséiert gëtt, an dat am Intérêt vun deene Leit an deene betraffene Gemengen an och vum Trafic, deen duerch eist Land geet.

Ech soen lech merci.

**M. le Président.-** D'Wuert huet elo den Här Gast Gibéryen.

**M. Gast Gibéryen (ADR).**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, fir d'éischt e Merci un de Kolleeg Néckel Strotz, deen et sécherlech net esou einfach hat op Grond vu senger Vue zum Projet viru fënnef Joer, fir haut zu dësem Projet hei Rapporteur ze spillen, wat en awer korrekt gemaach huet.

Mat der Diskussioun an dem Vote vun dësem Projet de loi erliewe mer e ganz blamablen Abléck an dësem Parlament, an et ass sécherlech keng Stäreestonn fir eis Demokratie.

Nach ni an deenen 12 Joer wou ech hei am Parlament sinn, a sécherlech och net virun, huet e Parlament e Gesetz eng zweete Kéier misse stëmmen, well d'Regierung mat hirer Majoritéit sech net un hir eege Gesetzger gehalen huet.

Zum Gesetz selwer: An der Chambersëtzung vum 13. Juli 1995 ass dëst Gesetz gestëmmt ginn, e Projet, dee gläichzäiteg zwee Projekte beinhalt huet, éischters de Bau vun der Saarstrooss an zweetens de Bau vun enger Bréck iwwert d'Musel.

Beim zweete Projet gouf et praktesch keng Meenungsverschiddenheeten a beim éischte Projet iwwert de Bau vun der Saarstrooss sinn zwee prinzipiell Punkte kontrovers diskutéiert ginn.

Deen éischte Punkt war den Tracé vun der Saarstrooss a méi spezifesch den Tracé an der Gemeng Fréiseng, wou d'Gemenge Fréiseng, Mondorf, Biermereng a Rëmerschen gären d'Nordvariant gebaut hätten an d'Regierung sech awer fir d'Südvariant entscheet hat.

Den zweeten Diskussiounspunkt war d'Ëmsetzen am Artikel 14bis vun enger europäescher Direktiv an d'nationaalt Recht, wat an deemselwechte Gesetz geschitt ass. Dës zwee Punkten zesummen hunn och dozu gefouert, dass mer haut hei frësch musse légiféieren.

Wier d'Direktiv richteg applizéiert ginn, hätt mer dës Situatioun haut net.

Wier d'Nordvariant zrëckbehale ginn, hätte mer dës Situatioun haut och net, souguer dann net, wann d'Direktiv net richteg applizéiert gi wier. Et sinn also déi zwee Faiten zesummen, déi ons an dës Situatioun bruecht hunn. Ech wëll mech haut dofir och op dës zwee Punkte limitéieren.

An der Diskussioun viru fënnef Joer hunn ech mech am Detail mat der Varianteproblematik ausenanageresat. Haut verzichten ech op dës Diskussioun, well se am Fong näischt méi bréngt. D'Autobunn ass praktesch gebaut. Et huet kee Wäert méi, fir iwwer eng Varianten-diskussioun nach vill Zäit ze verléieren.

Den ADR war mam 95er Gesetz net averstanen aus deenen zwou virgenannten Iwwerleeungen. E war an ass awer nach ëmmer fir de Bau vun der Saarstrooss gewiescht, déi net nëmmen aus ekonomescher Siicht eng wichteg Verbindung tëschent eisem Land an dem Saarland duerstellt, mä doriwwer eraus enorm wichteg ass fir d'Liewensqualitéit vun all deene Leit, déi laanscht d'N13 vun Helling bis op Réimech wunnen.

Duerch de Bau vun der Saarstrooss geet doudsécher, egal wat fir eng Variant dass mer gewielt hätten, den Transitverkéier an duerch de Bau vun der Saarstrooss och e groussen Deel vum Duerchgankverkéier verluer. Leider geet en net all verluer.

D'Variantendiskussioun Nord a Süd huet sech op zwee Haaptpunkte baséiert: En Naturschutzgebitt op der Lëtzebuurger Säit an en Naturschutzgebitt op der franséischer Säit. Dat zweet Diskussiounsthema war en Echangeur zu Fréiseng.

Den Ëmweltministère huet drop bestanen, dass aus Rücksicht op dat Naturschutzgebitt, dat tëschent Uespelt a Weiler läit, wat an engem europäesche Programm integréiert ass, d'Nordvariant net därft zrëckbehale ginn an huet dofir fir d'Südvariant plädéiert, obscho mer bei der Südvariant ganz no, fir net ze soen duerch eent iwwer Jore gewuessent Naturschutzgebitt op franséischer Säit fueren.

Deemools war d'Chamberskommissioun mat de Leit vum Ëmweltministère op der Plaz an déi hunn zu menger Enttäuschung gesot: "Mir gesinn dat franséisch Naturschutzgebitt net, well et läit op där anerer Säit vun der Grenz", an hir Etüd géif sech bis op d'Grenz limitéieren. Et ass klor, dass wann een nëmme bis op d'Grenz kuckt, an zwar schaarf bis op d'Grenz kuckt, dass een da muss op esou eng Variant kommen.

Déi zweet Problematik vun dem Choix iwwert d'Variant war den Echangeur zu Fréiseng. D'Gemeng Fréiseng war ëmmer fir een Echangeur zu Fréiseng, well mer der Meenung an der Iwwerzeegung waren, dass eng Strooss, déi vun der Stad op Thionville geet, wat eng vun deene meescht befuerene Stroossen ass, wann een déi net un een Autobunnnetz ubënnt, een och keng aner Strooss brauch drun unzebannen.

De Minister Goebbels huet ëmmer erëm drop agewierkt, dass een net kéint eng Nordvariant zu Fréiseng bauen, well d'Konklusioun dovun wier, dass een automatesch géif een Echangeur dohinner bauen an da kréich Hesper nach méi Verkéier wéi et es haut schonn huet.

Mir hunn ëmmer derfir plädéiert a gesot, wa mer d'Nordvariant net bauen a keen Echangeur zu Fréiseng bauen, da fiert e ganze Koup vun deene Leit, déi aus der Direktioun Mondorf-Musel eropkommen, guer net bis op Fréiseng op d'Autobunn, mä si fuere schonn zu Mondorf oder um Echangeur Carrière Feidt virdrun erof, fir dann erëm iwwert deen ale Wee an d'Stad ze fueren. Den Här Goebbels huet ëmmer hei plädéiert, dass d'Leit, déi op der Saarstrooss fuere géifen, bis op Diddeleng op den Echangeur géife fueren an dann d'Autobunn huelen, fir vun do aus an d'Stad ze fueren. En huet net op d'Leit aus deem Eck gehéiert, déi déi Zäit schonn d'Situatioun kannt hunn. Haut ass dat doudsécher bewisen, well haut stelle mer fest, dass d'Autobunn Diddeleng-Lëtzebuerg iwwerfëllt ass an dass d'Fransousen haut schonn zu Diddeleng eroffueren, iwwer Helling duerch de Réiserbann op Fréiseng, Weiler, Richtung Stad fueren. Et war eng Illusioun ze mengen, dass déi vun der Musel nach bis op Diddeleng an de Stau géife fueren.

Et war awer ee vun de wesentleche Punkten, firwat dass de Minister Goebbels sech op déi Südvariant fixéiert huet, jiddefalls war et eent vu sengen Argumenter, obschonn ee soe muss, dass de Minister Goebbels virdrun ëmmer fir d'Nordvariant geschwat huet. Den Här Scheuer huet virdu gesot, et wäre vill Versammlunge gewiescht. Dat stëmmt, mä et waren awer keng Versammlungen, déi offiziell am Kader vun enger Prozedur waren, mä et ware méi politesch Versammlunge vun der LSAP, déi an deem Eck waren.

### *(Interruptions diverses)*

Ech kann lech d'Datume ginn. Den Här Bodry huet der do gehalen. Den Här Goebbels. Et ware parteipolitesch Versammlungen. An der éischter Versammlung ass den Här Goebbels dohinner komm an huet gesot, et misst d'Nordvariant zu Fréiseng ginn. Sechs Méint drop ass en erëmkomm an huet gesot, et misst d'Südvariant ginn.

Wann herno gemengt ginn ass, déi politesch Versammlungen, déi géifen an de Kader vun enger Prozedur gehéieren, da war dat natierlech de Bock zum Gärtner gemaach.

Jiddefalls, nodeem d'Südvariant décidéiert war, ass op Wonsch vun der Gemeng Fréiseng vum Ministère aus eng Etüd gemaach ginn iwwert d'Opportunitéit vun engem Echangeur an déi huet och klor dat zum Ausdrock bruecht, wat mer ëmmer gesot hunn, dass misst op Fréiseng een Echangeur kommen an zwar ee ganzen Echangeur, just dass elo deen Echangeur op

d'Südvariant kënnt an dass elo alleguer déi Leit, déi vun deem Echangeur erof oder erop fueren, müssen duerch d'ganz Duerf fueren. Dat war déi Iwwerleeung, déi mir ëmmer zum Ausdrock bruecht hunn, firwat dass ee misst d'Nordvariant huelen, dann hätt ee wierklech ee Contournement gemaach.

Et ass deemools ëmmer gesot ginn, duerch den Echangeur vun der Carrière Feidt kréisch Mondorf e wierkleche Contournement, wat genau esou falsch ass, well kee fiert an d'Carrière Feidt eran, wann e weess wéi deen Echangeur ausgesäit, wat och schonn deemools gewosst war, dass een do nach muss 600, 700 Meter an d'Gewan eraufueren, fir iwwerhaupt op d'Saarstrooss ze kommen. Et weess een och, dass dat och keen Echangeur fir Mondorf ass, mä d'Nordvariant mat engem Echangeur zu Fréiseng, dat wär wierklech e Contournement gewiescht, net nëmme fir d'Gemeng Fréiseng mä och fir d'Gemeng Mondorf.

D'Etüd huet erginn, dass op d'Nordvariant a respektiv elo op d'Südvariant een Echangeur kënnt, deen och elo gebaut ginn ass mat deene Konsequenzen, déi dat mat sech bréngt. Haut gëtt leider jiddereen ons Recht. Verkéierstechnesch ass doudsécher déi falsch Variant geholl ginn.

Et ass awer elo esou, dass mer feststellen, an ech wëll dat och haut hei soen, dass op der Grenz zu Fréiseng beim Echangeur misst e Park & Ride gebaut ginn. Mir géingen dat begreissen, well mer feststellen, dass haut scho bei eis an der Uertschaft e wëlle Park & Ride besteet, well bei eis relativ gutt Busverbindungen an d'Stad bestinn. Dee ganzen öffentliche Transport vun der Musel an d'Stad, dee leeft nun eben iwwer Fréiseng a ganz vill franséisch Frontalieren, déi parken elo well am Duerf, fir da mam Bus an d'Stad ze fueren. Et war dofir ons Iddi fir dem Ministère d'Proposition ze maache fir e Park & Ride. Déi Iddi ass positiv opgehol ginn an d'Plange sinn amgaang fir uewen op der Grenz um Tunnel, wou de Stat nach Terrain huet, e Park & Ride ze bauen, deen dann zu engem Deel zur Verbesserung vum Verkéier bäidréit.

Den Här Scheuer huet virdru gefrot, firwat dass et esou roueg gi wär an der Gemeng Fréiseng. Här Scheuer, Dir sidd och Buergermeeschter an Dir wësst, dass ee mat deene Leit, déi op deenen Dossiere schaffen, diskutéiert, a dass eng Autobunn queesch duerch eng Gemeng wéi eis, ëmmerhin 9 km, e risegroussen Aschnëtt bedeit. Mir sinn a permanenter Diskussioun mat dem Ministère, mat de Verwaltungen a mat deene Leit um Terrain. Mir kënnen nëmme soen, dass mer ganz positiv Erfahrung gemaach hunn.

D'Integratioun vun der Saarstrooss an d'Landschaft, déi ass mustergülteg. Et ka jiddereen herno, wann déi Saarstrooss emol fäerdeg ass, dohinner goen a kucken. Vu kengem vun deenen dräi Dierfer gesäit een iergendwéi een Auto oder e Camion iwwert déi Saar-

strooss fueren. Si ass vill an de Buedem erageluegt ginn. Dat ass vläicht och fir eis gréng Kolleege wichteg ze wëssen, dass een haut kann Autobunne schéin an d'Natur integréieren. Et ass och an Zesummenaarbecht mat de Gemenge gemaach ginn. Et ass iwwer Of- an Opfahrte geschwat ginn, iwwer en neit Uleeë vu Feldweeër, vu Brécken. Et si speziell Zoufahrtsweeër tëschent den Dierfer gemaach ginn, fir déi vill Camionen op dem Chantier net brauchen duerch d'Dierfer fueren ze loossen. Déi Weeër ginn herno erëm ewechgemaach. D'Walle laanscht d'Autobunn si ganz héich gemaach ginn.

**Mme Renée Wagener (DÉI GRÉNG).**- Här President, et klängt jo alles ganz interessant. Ech hu mer d'Fro elo gestallt, ob d'Gemengen dann och d'Fro opgeworf hunn, ob een net hätt sollten an engem Siess och eng Zuchstrasse dohinner bauen, wann ee schonn amgaang ass.

**M. Gast Gibéryen (ADR).**- Ech kéint mer virstellen, dass ee vun Diddeleng op Mondorf eng Zuchstreck kéint bauen. De Jangeli ass fréier mol do gefuer. Ech weess awer net, ob haut nach ee vun Diddeleng géif mam Zuch op Mondorf fueren.

**Mme Renée Wagener (DÉI GRÉNG).**- En Zuch op Saarbrécken!

**M. Gast Gibéryen (ADR).**- Firwat net. Dir kënnt jo déi Proposition maachen. Mir si sécherlech net dergéint, fir den öffentliche Transport an déi Richtung ze maachen.

Ech kennen Der ganz vill vun Diddeleng, déi an der Préretreite sinn, déi op Mondorf an d'Kur fueren, déi géifen och bestëmmt mam Zuch fueren, wann ee géif fueren.

Et muss een awer och soen, dass mat dem Bau vun der Saarstrooss eng Velospiste geplangt ass, déi am grouse Plang iwwert d'Velospisten am Land net dran ass, mä et kann een herno quasi vun Uespelt op enger Velospiste bis op Rodange fueren, déi net stur laanscht d'Autobunn fiert, mä déi och an d'Natur integréiert gëtt an ee wierklech kann duerch d'Landschaft fueren. A mer wëssen, an dat war och deemools eent vun den Argumenter, déi géint d'Nordvariant geschwat hunn, dass mer op ganz vill Sitë vun dem Réimerwee géife stoussen, wat sech och elo bewisen huet. Verschiddener sinn erhale ginn a sinn an déi Velospisten integréiert ginn, esou dass d'Leit herno och kënnen op deene Réimersitë stoe bleiwen.

Et sinn och Kompensatiounsmoossnamen am Zesummenhang mam Naturschutzgesetz gemaach ginn, wou een zwar driwwer kann diskutéieren, ob et richtig ass, wann een entzousch eng Autobunn baut, dass een dann een, zwee Kilometer derniewent eng Baach ënnert Utilité publique setzt a seet: Dat ass als Echange fir d'Autobunn. Doriwwer kënnt een nach eng Kéier

diskutéieren, mä d'Projete vun der Renaturéierung vun deene Baachen, dat si jiddenfalls Projeten, déi och positiv an eisem Eck ukommen.

Ech wëll dofir vun eiser Säit aus deene Leit aus de Verwaltungen an deene Leit um Terrain offiziell merci soen, fir déi gutt Zesummenaarbecht, déi mer an all deene Jore mat hinne beim Bau vun der Saarstrooss haten.

Den zweete Punkt, dee kontrovers diskutéiert ginn ass, dat war d'Ëmsetze vun der europäescher Direktiv an den Artikel 14bis. Dëst ass eng Direktiv, déi schonn zrëckgeet op de 27. Juni 1985. Si ass also eréischt 10 Joer méi spët an d'nationaalt Recht ëmgesat ginn. Si ass och vill diskutéiert ginn an et ass net esou wéi de Mëtteg den Här Scheuer versicht huet dat duerzestellen, wéi wann et bal net diskutéiert gi wier.

Den Här Scheuer huet hei den Androck vermëttelt, an e war dofir haut och e bëssen donkel gekleet, wéi wann en esou eppes wéi eng Grafried iwwert den Här Goebbels géing hei halen, well normalerweis wann ee stierft oder politesch stierft, da gëtt een nach eng Kéier gelueft. Esou hat een de Mëtteg hei den Androck. Dat sinn heemlech Wënsch vläicht an der Partei, mä ech weess net, ob dee soi-disant politesch Doudege sech dat gefale léisst an net no dem drëtten Dag vläicht erëm wäert operstoen.

**Des voix.-** En hält eng Pressekonferenz of!

### **(Interruptions diverses)**

**M. Gast Gibéryen (ADR).**- Mir hunn op eiser Säit ganz klor deemools gesot, dass mir der Iwwerzeegung sinn, dass d'Direktiv misst bei dësem Projet applizéiert ginn. Well ech mech virdrun e bëssen hei zitéiert hunn, wëll ech elo dat ganz zitieren, wat ech den 13. Juli zu deem do Punkt gesot hunn: Fir den Artikel 14bis an d'nationaalt Recht ëmzesetzen, hätt mer natierlech léiwer gesinn, wa mer de Projet de loi gedeelt hätten an hätt fir d'éischt den Artikel 14bis gestëmmt an duerno dann och den Artikel 14bis ugewannt.

Et ass klor zum Ausdrock komm, dass d'Regierung sech doduerch, dass se d'Abanne vum Artikel 14bis an dëse Projet de loi integréiert, sech wëllt laanscht déi am Artikel 14bis virgesinnen Etüden, Konsultatiounen a Recoursrechter schläichen, wou dann d'Chamber eréischt zum Schluss iwwert den Tracé décidéiert, wa se en connaissance de cause vun all de Vir- an Nodeeler, souwuel vun der Süd- wéi och vun der Nordvariant ass.

Hei gëtt en Trick vun der Regierung probéiert, Här Scheuer, hunn ech deemools gesot, an et ass ze bedauern, dass sech sécherlech eng Majoritéit heibanne wäert fannen, déi den Trick och matmécht.

Weider hunn ech gesot: Ech wëll awer direkt soen, dass mir Récksprooch geholl hu mat Juristen am europäesche Recht an déi hunn eis gesot, dass, och wann d'Direktiv

eréischt an dëst Gesetz stoe kéim, se trotzdem misst ugewannt ginn.

Zum Ofschloss hunn ech gesot, dass zumindest eng Klo géif gefouert ginn, entweder vun enger Lëtzebuerger Gemeng oder och vun enger franséischer Gemeng.

Mat där Lëtzebuerger Gemeng hat ech deemools d'Fréisenger Gemeng gemengt, mä d'Fréisenger Gemeng huet awer duerno decidéiert, keng Klo ze féieren an dat aus dräi Ursaachen:

1. Well mir eis an enger parlamentarescher Demorkatie befannen a mer der Meenung sinn, dass een e Vote, deen e Parlament majoritär hält, misst respektéieren, och wann een net averstanen ass.
2. Well mer einfach der Iwwerzeegung waren, dass déi Saarstrooss misst gebaut ginn an zwar esou séier wéi méiglech, well déi Situatioun net méi laang tragbar ass.
3. Wa mer geklot a gewonnen hätten, hätt dat net awer vläicht geheescht, dass mer zum Schluss no enger Rei vu Joren awer en aneren Tracé kritt hätten.

Dofir hu mer als Gemeng net...

### **(Interruption)**

...Här Goebbels...

### **(Hilarité et interruptions)**

**M. Gast Gibéryen (ADR).**- Här Scheuer, ech wollt lech elo grad...

**M. Jos Scheuer (LSAP).**- Ma jo, ech liewe jo awer nach.

**M. Gast Gibéryen (ADR).**- ... en Zitat vum Här Goebbels hei virlesen.

### **(Hilarité)**

Här Scheuer, entschëllegt, datt ech lech mam Här Goebbels verwiesselt hunn.

**M. Jos Scheuer (LSAP).**- Ech soe jo net, datt et eng Eier fir mech ass.

**M. Gast Gibéryen (ADR).**- Ech hu mech net beim Här Goebbels mä bei lech entschëllegt, Här Scheuer!

Den Här Goebbels huet den 13. Juli hei an Chamber gesot, an de Kolleg Nicolas Strotz huet dat virdu schonn hei fir wech gesot, mä et ass awer sou schéin a sou wichteg, datt ech drop halen, fir et nach eng Kéier hei ze soen. Ech hat net geduecht, datt de Rapporteur dat géif maachen, well dat war effektiv net an der Kommissiounssetzung gesot ginn - obschonn ech net dra sinn, ech ka mer net virstellen, datt dat geschitt wier -, mä et ass awer hei gesot ginn. Den Här Goebbels huet hei den 13. Juli, Här Scheuer, feierlech déclaréiert.

Elo nach e puer Wieder iwwert déi berühmte Direktiv vum 27.6.1985, déi mer am Artikel 14bis an eis Lëtzebuerger Gesetzgebung wëllen afügen an och an



Zukunft wëlle beuechten. Et gëtt vu verschiddene Leit gesot: Doduerch, dass Dir déi elo réischt an d'Lëtzebuerger Gesetz afügt, sidd der amgang se ze mëssuechten. "Ech soen lech neen!", huet den Här Goebbels gesot. "D'europäesch Direktiv gesäit vir", seet den Här Goebbels, "dass ee sech kann déi ganz Prozedur, déi an der Direktiv virgesinn ass, spueren. Doduerch, dass een een Acte législatif spécifique mécht, dat wat mir hei amgang sinn ze maachen ass en Acte législatif détaillé, am Ausland gëtt dat als solche bewäert an ech hunn de Beweis derfir."

An dann Här Scheuer lauschtert gutt wat den Här Goebbels nach weider gesot huet: "A wann ee wëllt dat Gesetz, wat hei gestëmmt gëtt, virum Europäesche Gerichtshaff ufechten, da ginn ech mat Sécherheet dohinner plädieren, dass mir en Acte législatif spécifique gemaach hunn, esou wéi d'Direktiv dat als Alternativ virschreift". Zousätzlech sot en - dat kann ech beleeden -, dass mir all déi Obligationen, déi d'Direktiv eis operleet, och gemaacht hunn.

Den Här Goebbels hat sech an der Richtung geiert, en ass a Stroossbuerg an den Asyl gaang, aplaz datt en op Bréssel bei d'Kommissioun plädieren gaangen ass.

D'Diskussioun an de Vote vun haut an der Chamber ass de Beweis, dass mir all déi, déi deiselwecht Meenung, wéi mir hei vertritt hunn, richtig louchen an dass de Minister Goebbels, an déi, déi hien a senger Meenung ënnerstëtzt hu viru fënnf Joer, falsch louchen.

### **(Interruption et hilarité)**

Konsequenzen: Duerch déi falsch Interpretatioun, duerch d'Onwourecht soen hei virum Parlament vum Här Goebbels geet elo vill Zäit verluer. Et kommen zousätzlech Käschtepunkten op de Stat duer an et ass och keng demokratesch Debatt a Prozedur gefouert ginn, esou wéi se an der Direktiv dra stinn. Ënner falsche Viraussetzungen ass en Tracé décidéiert ginn. A wann elo kuerzfristeg keen Accord mat der Famill Linster vun Helleng fonnt gëtt, gëtt eng katastrophal Verkäierssituatioun an der Uertschaft Helleng doduerch provoziert.

Et beweist awer och, dass de Stat, vertrauden duerch d'Politik a seng Verwaltungen, net ëmmer Recht huet, iwwert d'Käpp vun de Bierger an de Gemengen sech ewechsetzt. Och déi Leit an den Dierfer kennen eppes vun der Verkäierssituatioun an hiren Géigend.

Feeler agestoen ass net d'Stäerkt vun engem Stat. Och elo gëtt nach versicht, wéi wann de Stat kee Feeler gemaach hätt. D'Procédure d'expropriation gëtt gestoppt, fir d'Prozedur ze respektieren, gëtt elo argumentéiert. A Wierklechkeet ass se gestoppt ginn, fir datt mer net um Geriicht Gefor lafen, datt de Bau vun der ganzer Saarstrooss géif gestoppt ginn.

**M. Jos Scheuer (LSAP).**- Dat ass eben diskutabel.

**M. Gast Gibéryen (ADR).**- Et ass diskutabel. Alles ass diskutabel, wat mir hei soen, Här Scheuer.

Ech sinn awer der Meenung, datt d'Regierung taktesch richtig louch, datt se zu dësem Zäitpunkt d'Prozedur gestoppt huet. Genausou louch se richtig, datt se eng gewësse Verzögerung gemaach huet fir de Bau virulafen ze loossen a parallel dozou eng Prozedur, wéi se an der Direktiv virgesinn ass, och lafen ze loossen.

Ech sinn also net dergéint, datt mer dee Wee ageschloen hunn, mä et misst een awer esou fair sinn, fir zum Schluss net awer nach Waasser oder Uelech op d'Feier hei ze schëdden an nach ëmmer ze soen: Mir haten awer Recht a mir maachen dat heiten aus purer Gefällegkeet, datt mer elo d'Procédure d'expropriation gestoppt hunn.

Dat alles, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, huet de fréiere Bauteminister Robert Goebbels ze verantworten. En huet hei an an de Kommissiouns-sätzungen dem Parlament net d'Wourecht gesot. Hien huet déi Direktiv aneschtens applizéiert, wéi se virgesinn ass an duerfir mengen ech: An der Politik gëtt ee weder fir dat, wat ee gutt oder schlecht mécht, net gelueft oder gestroft, awer dat Mindest wier, datt dëst Parlament dem fréiere Minister vun den Travaux publics e Blâme géif aussprieche fir déi Ierféierung, déi en hei dem Parlament gemaach huet an dofir, Här President, ginn ech lech och an deem Sënn eng Resolutioun of.

### **Résolution 1**

#### *La Chambre des Députés*

- *considérant que la directive européenne 85/337/CEE concernant l'évaluation des incidences de certains projets publics et privés sur l'environnement a été transposée en droit national par la loi du 31 juillet 1995 modifiant et complétant la loi modifiée du 16 août 1967 ayant pour objet la création d'une grande voirie de communication et d'un fonds des routes;*

- *considérant que la prédite loi subordonne l'inscription de tout projet de construction dans le corps de la loi modifiée du 16 août 1967 à l'élaboration préalable d'une étude d'évaluation calquée sur celle prévue par la directive 85/337/CEE;*

- *considérant que le Ministre alors en charge des Travaux publics était d'avis que la construction de la liaison routière avec la Sarre restait soumise à la législation antérieure à la transposition de la directive précitée;*

- *considérant que le Ministre des Travaux publics de l'époque a été rendu attentif lors des débats publics en date du 13 juillet 1995 dans le cadre des discussions en vue de l'adoption de la prédite loi du 31 juillet 1995, que les dispositions de la directive doivent être respectées même en cas de transposition simultanée avec la loi*

relative à la construction d'une liaison routière avec la Sarre et qu'au moins une plainte sera sûrement déposée;

- considérant que le Ministre des Travaux publics de l'époque a répliqué que par la manière de procéder, adoptée par le Gouvernement de l'époque, les dispositions de la directive précitée sont entièrement respectées et accomplies;

- considérant que la Commission Européenne a cependant considéré que la directive précitée n'a pas été respectée dans la mesure où les informations recueillies sur base des études n'ont pas été mises à la disposition du public concerné et que d'autre part, ledit public ne s'est pas vu donner la possibilité d'exprimer son avis sur le tracé du projet de la construction de la liaison routière avec la Sarre;

- considérant que le Ministre des Travaux publics de l'époque a trompé la Chambre des Députés quant à la conformité du projet de construction d'une liaison routière avec la Sarre avec la directive 85/337/CEE;

- considérant également les autres imperfections du dossier soumis à la Chambre des Députés;

- considérant que la responsabilité politique du Ministre des Travaux publics de l'ancien Gouvernement est engagée quant à son non-respect de la directive 85/337/CEE dans le dossier de la construction d'une liaison routière avec la Sarre;

exprime un blâme à l'encontre du Ministre des Travaux publics de l'ancien Gouvernement.

(s.) Gast Gibéryen, Jean Colombero, Fernand Greisen, Aly Jaerling, Robert Mehlen.

Ech ginn dovun aus, datt déi Resolutioun hei eng grouss Majoritéit fënnt. Et wier wichteg, wann se géif ugeholl ginn, well domadder mol eng Kéier d'Parlament och no bausse géif en Akzent setzen a beweisen, datt d'Politik och agesteet, wann e Feeler gemaach gëtt an och déi Leit mam Numm nennt, déi fir de Feeler responsabel sinn.

Wann dee Blâme ausgeschwat gëtt, da géif d'Lëtzebuurger Land, d'Vollek wahrscheinlech dovun bewahrt ginn, datt den Här Goebbels net méi an d'Lëtzebuurger Politik géif zrëckkommen, wat en Arrangement wier, dat sécherlech och de Kollege vun der sozialistescher Partei genehm wier an duerfir ginn ech och dovun aus, datt si blann a voll dës Resolutioun wäerten ënnerstëtzen.

#### (Interruptions)

Wéi geet et awer elo weider, Här President?

#### (Interruptions)

Une voix.- Oder ass et nach ëmmer dee Falschen?

M. Gast Gibéryen (ADR).- Ech hunn dem Här Scheuer aus dem Häerz geschwat, et gesäit een et.

#### (Hilarité)

M. Jos Scheuer (LSAP).- Nee!

#### (Hilarité)

Munches vun deem, wat der gesot hutt, ass falsch.

#### (Hilarité et interruptions)

Une voix.- Je dirais même plus!

#### (Interruptions)

M. Gast Gibéryen (ADR).- Här President, Dir Dammen, Dir Hären, och wann elo d'Parallell, déi an der Prozedur vun der Direktiv virgesinn ass, duerchgezu ginn ass, kann eiser Meenung no dach geklot ginn. Well d'Direktiv setzt viraus, dass se duerchgezu gëtt ier d'Chamber de Projet an den Tracé decidéiert. Hei hu mer awer fir d'éischt d'Autobunn praktesch ganz gebaut an huelen elo e Vote zum Schluss. Dat ass sécherlech net am Sënn vun där Direktiv.

Dat bedeit awer, wa géif geklot ginn, datt mer dann an eng Situatioun kommen, datt d'Autobunn ausganks d'nächst Joer, ukanks 2003 fäerdeg wier bis virun Helleng, wou dann de Verkéier géif kommen a wou een dann eng Stéchstrooss misst bauen, fir op d'N13 eriwuer ze fueren, well een zu Fréiseng net ka mat deem ganze Verkéier iwwert d'Kräizung fueren, mä wat dann awer géif fir d'Uertschaft Helleng eng katastrophal Situatioun ginn. Mir wëssen, datt mer haut den Transitverkéier nëmmen an enger Richtung ophunn a mir missten eis zumindest eens ginn, wann dee Fall do antrëtt, datt en dann och nëmmen an enger Richtung dierft opbleiwen, well soss géif ech mengen, datt och eng Gemeng wéi mir misst Saache maachen, datt et net praktesch duerchféierbar wier.

Ech géif och haut hei mengen, datt ee misst e Wuert verléieren iwwert déi Famill, déi den Terrain bis elo dem Stat nach net ginn huet. An öffentlecher Diskussioun kënn déi Famill vill ënner Beschoss. Wa mer awer de Prinzip vum Rechtsstat kucken, dann ass et net déi Famill, déi ee Feeler gemaach huet, déi d'Gesetz net respektéiert huet, mä et ass de Stat, dee seng Gesetzer net respektéiert huet.

Ech soen och ganz kloer, et wier gutt wa méi esou Leit am Land wieren, déi de Courage géifen huelen a sech net alles vun engem Stat géife gefale loossen, an déi bereet si vill Geld vu sech z'investéieren, fir eben de Rechtsstat ze respektéieren.

Dat hei si ganz éierlech, korrekt Leit - et ware grouss Resistenzen am Krich -, an de Mann huet mer nach virun e puer Woche gesot: "Mir hunn am Krich de Kapp net dohi gehalen, fir haut hei an enger Banannerepublik ze liewen, déi hir eege Gesetzer net respektéiert. Mir

toleréiere keen Onrecht!", sot en. "A wa mir fäerdeg sinn, dann erlaabt de Stat sech ni méi dat dote mat engem Bierger ze maachen hei am ganze Land, wat e mat eis gemaach huet."

Dat sinn d'Wierder vun deene Leit, déi hunn dat aus Iwwerzeegung gemaach, well se einfach vun Ufank u géint deen Tracé waren, well se eben do dee Réimerwee hunn - zu deem de Mann och nach eng perséinlech Attache huet - a well se kee Problem hätte fir dem Stat op där anerer Variant Terrain ze ginn.

Déi Famill ass och net op d'Geld aus, well se huet souguer der Gemeng Fréiseng zweemol Terraine fir näischt geschenkt. Also et ass net eng Saach vum Geld, et ass eng Saach vum Prinzip.

Duerfir wollt ech dat hei soen, datt een net kann ëmmer nëmmen an der öffentlecher Diskussioun op déi Leit klappen. Déi Leit hunn dat gemaach, wat an engem Rechtsstat dat normalst ass, an duerfir soll een dat och hei op dëser Plaz soen.

Ech géif awer och en Appel un d'Famill Linster vun hei aus maachen.

**M. Jos Scheuer (LSAP).**- Wien huet dat da gesot? Wie mécht dat dann?

**M. Gast Gibéryen (ADR).**- Ech hu jo net vun Iech geschwat, Här Scheuer, ech hu gesot an der Öffentlechkeet. Well ech gi ganz vill drop ugeschwat dobaussen, datt d'Leit mech froen: Ma wat sinn dat der dann? A wat geet déi dann un? An dann dëtt an dann dat.

**(Interruption)**

Ech hunn dat jo och net gesot, ech hu gesot an der Öffentlechkeet.

**(Interruptions)**

Ech géif och hei en Appel un déi Leit maachen, datt se, trotzdeem se där doter Meenung sinn, musse wëssen, datt nach ni een de Stat esou virgefouert huet, wéi dat hinnen hei gegléckt ass. Dat hei si jo keng Peanuts vun deene mer schwätzen. Hei schwätze mer vun enger Autobunn vun esou vill Kilometer, engem Projet vun iwwer néng Milliarden. Et ass deene Leit gegléckt, datt haut d'Parlament hei eng zweete Kéier muss doriwwer debattéieren an et weess nach keen, wéi et ausgeet.

Mir mussen hei e neit Gesetz stëmmen. Et ass eng immens Blamage fir de Lëtzebuerger Stat, wat mer haut hei musse maachen. An dat misst och deene Leit, mengen ech, an hirem Rechtsséngefill Satisfactioun ginn, an duerfir géif ech och en Appel un se maachen, am Interesse vun der Allgemengheet, elo awer zum Schluss no engem Accord ze sichen, fir datt déi Autobunn kann integral a fristgerecht fäerdeggebaut ginn.

Vun all deem wat ech gesot hunn an opgrond vun eisem Vote, dee mer viru fënnef Joer geholl hunn, ass et och selbstverständlech, datt mer haut dësem Projet net wäerten zoustëmmen.

**Une voix.**- Très bien.

**M. le Président.**- Ier mer weiderfueren, kritt den Här Minister Henri Grethen d'Wuert fir den Dépôt vun engem Projet de loi.

### 3. Dépôt d'un projet de loi

**M. Henri Grethen, Ministre de l'Economie.**- Här President, ech si vum Grand-Duc autoriséiert, fir a sengem Numm de

- *Projet de loi 4861 a) relative aux actions en cessation en matière de protection des intérêts collectifs des consommateurs b) concernant l'agrément des organisations protectrices des consommateurs c) portant modification de certaines autres dispositions légales*

ze déposéieren.

**M. le Président.**- D'Chamber hält Akt vum Dépôt vum Projet de loi, deen un déi entspriechend Kommissioun weidergeleet gëtt.

Mir fuere weider mat eisem Ordre du jour. Als nächste Riedner ass den Här Camille Gira agedroen. Den Här Gira huet d'Wuert.

### 4. Projet de loi 4797 relative à la construction d'une liaison routière avec la Sarre (Suite)

#### Discussion générale (Suite)

**M. Camille Gira (DÉI GRÉNG).**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dat wat hei am Kontext Saarstrooss haut geschitt, ass e politesche Skandal an e juristescht Abenteuer.

Ech fannen et skandaléis, wann eng Regierung trotz verluerene Prozesser, trotz Warnunge vun der EU-Kommissioun, trotz staarke Bedenke vum Statsrot, nawell mam Kapp duerch d'Mauer wëll, a fir de Bau vun enger Strooss Prozeduren ausser Kraaft setzt, un déi all normale Mënsch sech an deem Land hei muss halen.

Ech fannen et abenteuerlech, wann dës Regierung an dës Majoritéit sech dem grouse Risiko aussetzt, eventuell eng Kéier en drëtt Gesetz fir d'Saarstrooss missen ze stëmmen.

Här President, ech explizéiere mech. Et ass scho gesot ginn, et ass scho fir unzefänke keen alldiegleche Phenomeen, fir deeselwechte Projet zwee Gesetzer missen ze maachen. De Schlamassel hu mer, an et ass net den éischte Schlamassel a sécherlech och nach net dee leschten, deen hu mer, wéi kéint et anescht sinn,